



- considérant qu'un nombre important de salarié(e)s au Luxembourg continuent actuellement d'effectuer tout ou une partie de leur activité professionnelle en télétravail depuis leur domicile ;

- considérant que la proportion des salarié(e)s résident(e)s réalisant tout ou une partie de leur activité professionnelle depuis leur domicile connaît une augmentation sensible en 2020 par rapport à 2019, lorsque 11,6 %¹ des personnes actives résidentes déclaraient télétravailler au moins un jour par semaine depuis leur domicile ;

- considérant que la pandémie de la Covid-19 a entraîné le recours prolongé au télétravail de la part de beaucoup de salarié(e)s non résident(e)s nécessitant la négociation d'accords temporaires en matière fiscale avec nos trois pays voisins ;

- considérant que le télétravail peut avoir des avantages pour les salarié(e)s, tels que la réduction du temps et du coût de transport ou la conciliation différente de la vie privée et de la vie professionnelle ;

- considérant également que le télétravail reste généralement inaccessible aux salarié(e)s exerçant des services directs à la personne souvent essentiels ou des tâches manuelles non automatisables, cette particularité ne devant pas se muter en inégalité dans des contextes tels que celui du confinement lié à la pandémie de la Covid-19 ;

- considérant qu'un recours important au télétravail sans réglementation adéquate et sans moyens de contrôle efficaces peut induire une dégradation des conditions de travail, notamment par une augmentation du temps de travail, l'isolement social ou par une externalisation de certains coûts de l'employeur vers le ou la salarié(e) ;

- considérant que l'extension du télétravail nécessite la création d'un droit à la déconnexion efficace en faveur des salarié(e)s ;

- considérant qu'au Luxembourg le télétravail n'est actuellement pas encadré par le Code du travail mais fait l'objet d'un encadrement juridique à travers une convention entre partenaires sociaux basée sur l'accord-cadre européen sur le télétravail signé en 2002 ;

- considérant que ledit accord-cadre européen ne tient plus compte des avancées technologiques réalisées depuis sa signature en 2002 ;

- considérant que ladite convention n'a pas été mise en place en vue d'un recours permanent et/ou subi au télétravail par une grande partie des personnes actives pendant des périodes prolongées et ne tient plus compte de tous les enjeux liés au télétravail des temps présents,

invite le Gouvernement,

- à dresser un bilan du télétravail comportant les deux volets suivants :

• un bilan de l'ampleur du recours au télétravail pendant et après la période de confinement, e. a. en ce qui concerne les heures totales prestées et le nombre de salarié(e)s concerné(e)s, par secteur d'activité économique ;

• un bilan des contrôles effectués pour assurer le respect des réglementations sur le télétravail existantes pendant et après la période de confinement ;

- de procéder à l'élaboration d'un cadre légal adapté à insérer dans le Code du travail qui règle les principes fondamentaux régissant le télétravail et de les soumettre à un débat préalable à la Chambre des Députés.

(s.) Marc Baum.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum.

10. 7645 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Mir fänken d'Sitzung vun haut de Mëtteg u mam Projet de loi 7645, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Äfierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgelegt. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Claude Wiseler a Gilles Baum, d'Madamm Josée Lorsché an déi Häre Jeff Engelen, Marc Baum a Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll mech direkt am Ufank bei Iech entschëllegen, wann ech heiandsou un d'Stocke kommen. Ech hunn an deenen zwee leschten Deeg eppes erlieft,

wat mer a menger laanger politescher Karriär net virkonn ass. Ech krut x anonym Uriff vun enger Aggressivitéit an enger Vulgaritéit mat Drounge fir mech a meng Famill, wéi ech mer se net hätt kënne virstellen.

Ech hunn dunn dat gemaach, wat een an deem dote Fall soll maachen. Ech hunn et der Post weiderginn, ech hunn et der Police weiderginn, fir eng Enquête ze maachen, well ech der fester Meinung sinn, dass, och wa mer Politiker sinn, mer kee Fräiwëld si fir all méiglech Aktiounen ouni Goût an ouni Niveau, fir et emol esou ze qualifizéieren, fir net méi wäit ze goen. Mee dat wäert d'Enquête erweisen.

An ech wëll och hei soen, dass déi Agenten, mat deenen ech geschwat hunn, mat engem ganz grouse Professionalismus reagéiert hunn. Ech sinn also e bësse méi opgereegt an opgewullt wéi soss, virun allem well ech einfach net verstinn, wat dat doten an där doter Form soll.

Dat gesot, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wëll ech mäi Rapport zum véierte Covidgesetz nom État de crise mat engem Merci a grousem Respekt fir déi grouss Majoritéit vun eise Matbiergerinnen a Matbierger ufänken, déi duerch hiert responsabelt Handeln, d'Anhale vun de Preventivmoosname géint de Virus, hir Gedold, hiert Versteesdemech an hir Solidaritéit defir gesuergt hunn, datt et bis elo net zu där vun Experte gefaarter Explosioun vun den Infektiounen komm ass:

Respekt, Unerkennung, e grouse Merci un déi vill Professionell, déi an der Santé an an aneren Departementer eng formidabel Leeschtung bruecht hunn, ouni Rücksicht op Vakanzen a Fräizäit! E spezielle Merci un déi vill Benevollen an och un déi ganz effikass Ekip vum Tracing, déi Leit, déi dem Virus op d'Spuer gaange sinn, wann Infektiounen do waren a Leit gesicht gi sinn, déi engem Risiko, fir infizéiert ze sinn, op d'Spuer gaange sinn.

Zwar sinn an deene leschten Deeg d'Zuelen erëm dättelech an d'Luucht gaangen, mee si hu bis elo de Gesondheetssystem net iwwerlaascht; ech soen: bis elo! Mir mussen alles maachen, fir dass dat net kënnt. D'Zuel vun den Hospitalisationen bleift niddreg, d'Zuel vun de Schwéierkranken op der Intensivstation läit no bei null. An a leschter Zäit ass glécklecherweis d'Zuel vun den Doudesaffer stabil bliwwen.

Bei deene positiv geteste Leit handelt et sech am Géigesaz zu der éischter Well virun allem ëm méi jonk Leit, déi manner haart getraff gi wéi eis vulnerabel Leit, vulnerabel Leit, déi an der Zwëschenzäit och weesentlech besser geschützt sinn, an Institutionen, déi besser virbereet sinn, fir dat Schlëmmst och vu méi schwachen a méi vulnerabele Leit ewechzehalen.

Souwäit dat méi Positiivt. Mee opgepasst! Nach sinn net all Konsequenze vun der Vakanzenzäit laanscht eis, a wéi d'Reprise an déi méi grouss Normalitéit an der Schoul sech auswirken, bleift ofzewaarden. Och huet een den Androck, datt de Gewöhnungseffekt, jo, och eng gewësse Middegeek mat der Zäit eis Antenne manner sensibel risikéieren ze maachen a mer heiandsou déi elementar, awer extreem wichteg Gesten am Handele vergiessen oder net esou eescht huelen.

Duerfir wëll ech am Ufank vu menger Intervention, ier ech op déi Haaptpunkte vum Gesetzesprojet 7645 aginn, iwwert déi mer haut diskutéieren an ofstëmme wäerten, ënnersträichen, datt mat dësem Gesetz och déi Moosname vireefeg bis den 31. Dezember verlängert ginn, déi säit dem 24. Juli gëllen. Dat gëllt fir d'Zuele vun de Leit, déi doheem oder dobaussen zesummekomme kënnen, fir d'Schutzmoosnamen duerch Mond- an Nuesschutz (Masken) wéi fir d'Distanzen, déi ze respektéieren sinn, grad wéi fir d'Reegelen am Horeca-Sektor a wéi fir d'Strofbestëmmungen.

D'Prinzipie vun der Isolation vun infizéierte Persounen grad wéi fir d'Quarantän bei Persounen, déi engem héijen Infektiounsrisiko ausgesat waren, bleiwen a Kraaft, och wann et op deem Punkt zu enger Rei vun evidenzbaséierten Ännerunge kënnt.

D'Dispositionen iwwert d'Erfaassung vun den Daten an hir Notzung bleiwen a Kraaft, och wann et hei zu wichtige Präzisierungen an Ergänzung kënnt.

Also, jiddweree vun eis: Kommt, mir bäissen op d'Zänn a bleiwe géengt géint de Virus a respektéieren déi Moosnamen, déi mer eis zesumme ginn hunn!

Elo dann zum Inhalt vum Projet 7645 selwer. Den ursprénglechen Text, deen den 3. August an der Chamber deponéiert gouf a just eng Ausdeenung vun der Réserve sanitaire op d'Apdikter an d'Psychotherapeute virgesinn hat an ofsécher sollt, datt mer anonymiséiert Daten net sollte verléieren, gouf dräimol amendéiert, zweemol vun der Regierung an eemol vun eiser Gesondheetskommisioun, a begräift elo dach eng Rei vu weesentlechen Adaptatiounen; wat dozou gefouert huet, datt de Staatsrot een Avis an zwee Zousazavisen ofginn huet, déi eis bei

der Finaliséierung vum Gesetzesprojet ganz nützlich waren, grad ewéi d'Avise vun der Datschutzkommisioun, der Mënscherechtskommisioun, de Berufschamberen an dem Collège médical.

Wat sinn elo déi wichtegst Ännerungen, déi dëst Gesetz bréngt? Si betreffen d'Dispositionen vun der Quarantän a vun der Isolation. Fir domat unzefänken: D'Isolation gëllt fir eng Persoun, déi sech mam Virus infizéiert huet, also fir wierklech krank Leit. D'Quarantänmesurë gëlle fir eng Persoun, wou en héije Risiko besteet, dass si sech infizéiert huet, entweder well si zum Beispill ouni Mask an noem Kontakt a während méi wéi 15 Minutte mat enger infizierter Persoun zesumme war oder direkte körperleche Kontakt hat.

Wat d'Dispositionen vun der Quarantän ubelaangt, sou gouf mam Wëssensstand vum Juli recommandéiert, ab deem fënneften Dag, wou ee mat enger infizierter Persoun a Kontakt war, en diagnosteschen Test ze maachen. Haut weisen nei wëssenschaftlech Etüden, dass d'Chance, fir eng Infektioun mam Virus ze identifizéieren, mat der Zäit klëmmt, dass also de Risiko, dass eng Infektioun net entdeckt gëtt an eng infizéiert a potenziell ustiechend Persoun weider zirkuléiert, méi niddreg ass, wann een deen Test e bësse méi spéit mécht, dat heescht, nom sechsten Dag.

Mam Gesetz gëtt also deen Test net méi wéi bis elo de fënneften Dag, mee de sechsten Dag gemaach. Wann den Test negativ ass, ass d'Quarantän d'office opgehuewen. Et brauch een deemno net nach dee siwenten Dag doheimzebleiwen. Wann eng Persoun keen Test wëllt maachen, gëtt d'Quarantän ëm weider siwen Deeg verlängert.

Wat d'Isolation vun enger infizierter Persoun ubelaangt, sou ass virgesinn, dass d'Durée vu bis elo 14 Deeg op nach just 10 Deeg erofgesat gëtt. Och dëst entsprécht den aktuelle Recommendationen vun der Weltgesundheitsorganisation, der WHO.

An ech wëll ausdrécklech dem Direkter vun der Santé Merci soen, dass en opgrond vun deene Wënsch vun eiser Kommisioun déi Explikatiounen doriwwer nogeliwwert huet, firwat dass mer d'Quarantän adaptéieren a firwat dass mer d'Isolation adaptéieren, dat ass iwwerzeegend. A merci fir déi Reaktivitéit insgesamt vun der Direktioun vun der Santé op déi Wënsch, déi an der Kommissioun geäussert ginn; wat mer och erlaabt, hei der Kommissioun e ganz grouse Merci ze soe fir déi ganz grouss Bedeelegung un där Aarbecht un eise Projeten. An do ass keng Differenz ze maachen zwëschent Majoritéit an Oppositioun. Och wann d'Haltung herno beim Vott ënnerschiddlech ass, ass hei zesummen un engem Text geschafft ginn, fir en esou gutt wéi méiglech ze maachen.

D'Progrès an der Wëssenschaft iwwert d'Infektioun vum Virus weisen haut - an da kommen ech zrëck op den Isolement -, dass den Ustiechungsgrad nom zéngten Dag rapid ofhëlt.

Donieft gëtt och d'Méiglechkeet opgehuewen, fir d'Isolationen moosnamen ze erneieren. Sou gëtt effektiv net systematesch e virologeschen Test no der Isolutionsperiod gefrot, soudass et och net néideg ass, fir e Renouveau vun der Isolation virzugesinn.

D'Reserve sanitaire, ech hat dat virdru scho kuerz ugedeit, gëtt verstärkt, andeem niewent Dokteren a paramedezinneschem Personal och Apdikter a Psychotherapeute rekrutéiert ginn. Op dëst Personal kann iwwerall do zréckgegraff ginn, wou Soinen noutwendig sinn a wou Nout um Mann oder der Fra ass.

D'Visiëren, an dat ass och eng Neierung, dat sinn déi duerchsichteg Bakelitsdenger do - Dir wësst, et ass bal wéi eng Schweessermask am Duerchsichtegen -, ginn net als Protektioun duer an Zukunft an déi Visiëre kënnen op kee Fall de Mask ersetzen. De Mask muss d'Nues an de Mond bedecken.

D'Obligatioun vum Mask gëllt wéi bis elo net fir Kanner ënner sechs, fir Leit mat enger Behënnerung an, an dat ass nei, och net an Zukunft fir Leit mat enger Krankheet, fir déi d'Droe vum Mask net méiglech ass an déi dat och mat engem Certificat médical, also mat engem Dokteschattest kënne beleëen.

E Wuert nach zu den Donnéeën vun de Fluchpassagéier. Hei ginn d'Fluchgesellschaften obligéiert, verflucht, dem Direkter vun der Santé op schnellstem Wee déi verschidden Donnéeën vun de Passagéier matzedelen, déi d'Fluchgäschtt iwwer e Formular musse liwweren, nottamt wou si sech während hirem Séjour hei am Land ophalen, dëst fir an éischter Linn de Contacttracing, dat heescht d'Sich ze vereinfachen a méiglech infizéiert Persounen esou séier wéi méiglech kënnen ze errechen an ze isoléieren.

D'Donnéeën iwwert d'Passagéier ginn no 14 Deeg vum Direkter vun der Santé anonymiséiert.

ert. Bon, hie muss net alles selwer maachen, mee si ginn op jidde Fall an der Direktioun vun der Santé anonymiséiert.

Doniewent ass dann och virgesinn, déi perséinlech Daten, déi opgehall ginn, dräi Méint nodeem se kollektéiert goufen ze anonymiséieren. Den Zäitpunkt, dee bestëmmt, vu wéini un déi Donnéeën anonymiséiert ginn, ass deemno d'Erfaassung, also deen Zäitpunkt, wou et ufänkt, dat ass d'Erfaassung, an net méi d'Enn vum État de crise.

Ech kommen zu allgemenge Konklusiounen. Op déi vill nei Infektiounen am Juli gouf séier reagiert. D'Leit hu matgemaach, an esou konnt eng Verschëmmung vun der Situatioun verhënnert ginn. Dozou huet och d'Summerteststrategie bäigedroen, déi séier an effikass ugepasst ginn ass, grad ewéi déi grouss ugeluecht Teststrategie insgesamt.

Dat ännert näischt dorun, dass d'Zuelen erëm ugezunn hunn a mat der Schoulreentrée an der Reprise vun der Aarbecht nom Enn vun de Vakanzen et op en Neits gëllt, net zulescht opgrond vun deene Chifferen an och net zulescht opgrond vun deem, wat ronderëm eis lass ass - dat muss een och am A behalen -, gutt opzepassan.

An der leschter Woch hu mer gesinn, dass d'Zuele séier an d'Luucht gaange sinn, souguer déi Nettozuelen, wou mer d'Grenzgänger jo net méi dran hunn. D'Bruttozuelen, wa mer déi géife vergläiche mat deem, wat am Ufank war, sinn net esou allze wäit do dervun ewech. An duerfir gëllt et grad elo, weiderhin opmierksam ze bleiwen, net nozeloossen a sech un d'Hygienesbestëmmungen ze halen.

Mir hu keen Traitement a kee Vaccin. Mee mir kënnen eis schützen, andeems mer Ofstand halen, de Mask undoen a reegelméisseg d'Hänn wäschen. An de Gilles huet dat eng Keier ganz kloer resuméiert. Gilles, d'Buschtawen!

► **M. Gilles Baum (DP).**- H-O-M!

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Voilà! H-O-M. An ech mengen, dat ass einfach ze verhalen an och net allze schwéier fir ze maachen. Virun allem musse mer och gutt oppassen op eis vulnerabel Familljememberen an d'Matmënschen, déi vulnerabel sinn, well si kann de Virus am schlëmmsten treffen, am schlëmmste Fall kann et souguer liebensgëfelerlech sinn.

Dëst si Contrainten an eisem Alldag, déi awer e groussen Impakt op eis Gesondheet an déi vun deenen aneren an op eise Gesondheetssystem hunn. Soulaang wéi eise Gesondheetssystem dat, wéi elo, packt, gutt packt, si mer besser drun, wéi wann et zu Enkpäss am Gesondheetssystem géif kommen. Esou wäit d'äerfe mer et op kee Fall komme loosse!

Zum Schluss meng Empathie - an ech mengen, déi vun alle Kolleeg - fir déi Leit, déi vun der Krankheet getraff sinn an zum Deel nach laang un de Konsequenzen ze droen hunn. Duerfir eis Opmierksamkeet och an Zukunft fir déi Kollateralschied vun där schwiereger Zäit op d'Gesondheet, op déi ekonomesch a sozial Situatioun an och op d'Moral vun de Leit dobaussen.

Mir hunn an dëser Kommissioun, an eiser Kommissioun eng ganz seriö Aarbecht gelescht. De Staatsrot an all déi berodend Instanzen hunn eng ganz seriö Aarbecht gelescht. An dach, an dach war eis e kleng Messel geschitt. Bon, et kann ee soen, eng Erreur matérielle, wat d'Mise en vigueur vun deem neie Gesetz an d'Fortféiere vun deem ale Gesetz ugeet. Mir hunn dat mam Conseil d'État beschwat, deen et als klengen Amendement ugesinn huet, awer direkt begutacht huet. An ech hat mer erlaabt, dat mat alle Kolleegen an dëser Chamber ze beschwätzen, soudass deen neien, klengen Text ass - fir mech war e kloer, duerfir huet och keen et gesinn: « La présente loi entre en vigueur le jour de sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg. » Nu jee, mir sinn elo e bësse méi klug ginn a mir hu festgestallt, dass, egal wéi vill Leit eppes kucken, ëmmer nach eppes eis kann echappéieren. Mee duerfir si mer do, fir dat ze recuperéieren.

An deem Sënn wëll ech Iech alleguer e grouse Merci soen, den Accord vun der LSAP-Fraktioun bréngen an all deenen, déi un dësem Gesetz bedeelegt waren, Merci soe fir hir gutt a virun allem och hir schnell Aarbecht.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo.

¹ <https://ec.europa.eu/eurostat/web/products-eurostat-news/-/DDN-20200424-1>



An als éischte Riedner ass den honorablen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech och dem Rapporteur villmools Merci soen. Et ass wéi gesot fir d'véiert, wou mer hei bei esou engem Text untrieden. Dës Kéier hate mer manner Zäitrock wéi bei deenen Texter virdrun. An nach hu mer missen a leschter Minutt eppes riichtbéien. Mee effektiv merci fir eng Aarbecht, déi net ëmmer evident ass, well d'Situatioun jo konstant amgaang ass ze evoluéieren.

An dat ass och mäin éischte Punkt: Ech hunn heiansdo d'Impressioun, datt den Émgang mam Covid an Europa an och zu Lëtzebuerg esou eppes ass, wéi wann een op enger Achterbunn setzt. Mol ass een de Beschten, dann ass een den europäesche Modellschüler, an da 14 Deeg duerno, da kënnt een op d'rout Lëschen, da gëtt ee klasséiert vun iergendwellechen anere Länner a Stied an därer net méi an aner Länner eran. Et gëtt ee gelueft wéinst senger Prevoyance an et gëtt ee ferm kritiséiert fir säi Mangel u Wäitsicht, wëssend, datt d'Prevoyance a Wäitsicht awer Synonymme sinn. Esou ass dat heiansdo an dësem Fall, well d'Situatiounen änneren, well alles onstabel ass a well mer och an engem System sinn, wou och d'Definitiounen net kloer sinn.

Mir schwätze vun enger éischer, zweeter, drëtter Well. Wat ass dann eng Well hei an dësem Fall? Wéini schwätzt een dovunner? A wéini ass ee censéiert, Moosnamen ze huelen?

Et ass ëmmer an iwwerall Neiland. A wann ech dann och nach gesinn, datt d'Regierung e Standpunkt verteidegt, an heiansdo hir eege Wëssenschaftler vun der Taskforce an hirer wëssenschaftlecher Fräiheet dee selwechten Dag deelweis de Contraire soe vun deem, wat d'Regierung seet, dann därer ee sech net wonnere heiansdo, wann d'Leit och duerjeree geroden a wa se sech net richteg ermëffannen a wann eng gewëssen Onsicherheit entsteet.

Ech hunn, gradesou, mengen ech, wéi Dir alleguer, an de leschten Deeg eng Rei Bréiwer och kritt, Gott sei Dank keng esou Menacëbréiwer wéi de Mars Di Bartolomeo, mee trotzdeem eng Rei Bréiwer, wou d'Leit sech ausdrécken iwwert de Fait, datt all déi Moosnamen, déi mer hei huelen, iwwerdräiwwe sinn, datt d'Zuelen net stabil sinn, datt d'Maskefflicht näischt bréngt, souguer deelweis kontraproduktiv ass. Dir hutt alleguer, wéi gesot, och déi Maile kritt vu Leit, déi soen, datt d'Liewe muss weidergoen, eis Ekonomie muss fonctionéieren, d'Kanner normal mussen an d'Schoul goen, an déi éischer u sech - wéi soll ech dat ausdrécken? - vun enger Zukunftsangst schwätze wéi vun enger Angscht ronderëm d'Krankheet.

An dann hutt Der op där anerer Säit och Leit, déi lech kontaktéieren, schreiwen a soen, datt si éischer Angscht virun der Krankheet hunn, datt déi Moosnamen, déi mir an der Politik, d'Regierung geholl huet, hei ze vill relax sinn, datt d'Schoulen, d'Spillplazen, d'Geschäfte esou voller Leit sinn, datt ee jo net méi kann dohinnegeen, an datt et schrecklech onvirsichteg ass, wann ee muss mat Leit zesumme kommen, déi dann dobaussen, well et net obligatoresch ass, kee Mask unhunn, déi u sech am Fong hir Angscht ausdrécken an am Fong den Irrespekt vun anere Leit par rapport zu hinne, well se sech net geschützt spieren.

An ech muss soen: Ech kann déi zwou Säite jo verstoen, déi eng an déi aner. Si hunn all e wéineg Recht a se hunn och all e wéineg Onrecht. An ech mengen, datt hei jiddwereen deelweis, wéi gesot, ka verstane ginn. Mee am grouse Ganzen entstinn Onverständnis, eng Rei Reiwereien, eng Rei schwierig Situatiounen an Onzefridenheet zwëschen de Leit.

An dann ass d'Fro: Wat heescht dat an der Politik? Dat heescht a mengen Aen, datt déi Decisiounen, déi geholl ginn, esou mussen sinn, datt se kloer novollzéierbar sinn, datt se wëssenschaftlech richteg a verständlech sinn. Decisiounen, déi sech an der Logik net widderstrecken, déi propper a kloer explizéiert kënne ginn an och verstane ginn, déi och, an dat ass bal dat Wichtigst, wa se da geholl sinn, konsequent ëmgemat ginn an d'Realitéit, iwwerall d'selwecht a verständlech, konsequent fir jiddwereen.

A mir mussen och fäerdegbréngen, datt se och an der Realität ëmgemat ginn, datt d'Leit net d'Impressioun hunn, datt dat, wat gesot gëtt, an de Gesetzter, Reglementer, Circulären nidergeschriwwen gëtt, just e fromme Wunsch ass, mee datt d'Realitéit, déi se all Dag liewen, awer méiglecherweis duerchaus eng aner ka

sinn. A si mussen haaptsächlech gëlteg fir jiddwereen a fir jiddwereen d'selwecht sinn, soss kënnt e Gefill op vun Ongerechtegkeet a vun Onzefridenheet, wat onbedéngt ze vermeiden ass.

Dofir stelle sech haut fir mech véier Froen, déi ech och hei wëll beäntweren, probéieren ze beäntweren. Déi éischt, dat ass: Sinn déi Moosnamen, déi mer haut an dësem Text hunn, déi mer haut ofstëmmen, sinn déi kloer an novollzéierbar fir jiddwereen?

Déi zweet Fro ass: Ass déi generell Situatioun, wou mer dra sinn, mat deene fréieren Texter, déi mer scho gestëmmt hunn, elo licht amen déieren, ass déi kloer an novollzéierbar? Well schlussendlech stëmme mer haut eng Verlängerung vun deenen Texter bis op den 31. Dezember.

Déi drëtt Fro, dat ass: Ass an der Realität also d'Ëmsetzung vun all deene Moosnamen och konsequent an effikass? Si se net nëmmen um Pabeier, mee komme se och an der Realität un? A wéi?

A mäi véierte Punkt, dat ass, datt d'Situatioun amgaang ass, sech jo relativ schnell ze änneren, datt d'Zuele momentan amgaang sinn ze klammen, datt mer vun enger drëtter Well, wat dann och ëmmer d'Definitioun ass, amgaang sinn ze schwätzen. A meng Fro ass: Wéi gi mer haut an an deenen nächsten Deeg domadder ëm, wou mer gesinn, datt Länner amgaang sinn, aner Moosnamen nach en place ze setze wéi déi, déi se an deene Woche virdrun haten?

Déi éischt Fro: déi Moosnamen an dësem Text. Do ass eis Äntwert relativ kloer. Déi Moosnamen iwwert d'Reserve sanitaire, iwwert d'Derogatioun bei der Obligatioun vum Port de masque si logesch an eisen Aen, si sënnavoll an eisen Aen, an dofir ënnerstëtze mer déi selbstverständlech.

Déi Moosnamen, déi u sech d'Anonymisation vun den dräi Méint, nodeem datt d'Donnéen erageholl gi sinn, ersetzt duerch eng Anonymisation dräi Méint nom Schluss vum État de crise (veuillez lire: Déi Moosnam, déi u sech d'Anonymisation vun den Donnéen dräi Méint nom Schluss vum État de crise ersetzt duerch eng Anonymisation dräi Méint, nodeem datt d'Donnéen erageholl gi sinn), ass och eng Evidenz. Dat war virdrun e Feeler, dee muss an dësem Gesetz verbessert ginn. Selbstverständlech ënnerstëtze mer dat och.

Deen nächste Punkt, dat ass, datt eng Visière net kann eleng gedroe ginn. Dat ass mat deenen Explikatiounen, déi mer kritt hunn, fir eis och eng Evidenz an dat ënnerstëtze mer och. Mir soen awer hannerdrun, datt do eng ganz Rei Explikatiounen noutwendeg sinn, well déi Leit, déi bis elo esou Visière benotzt hunn, déi hu se éischten benotzt, well warscheinlech de Mask se relativ staark genéiert, an am Fong awer och, well se gemengt hunn, si géifen dat elo richteg maachen. An elo kréie se gesot: „Dir hutt dat zwar gutt gemengt, mee et war awer falsch. An elo musst Der et anescht maachen.“

Also muss een dat explizéieren a kucken, datt si och verstinn, ëm wat et geet. D'autant plus, datt et - an ech war elo duerch Zoufall an eisen Nopeschlänner an deene leschten Deeg - an eisen Nopeschlänner nach vill méi courant ass, wéi et hei ass. A vu datt d'Lëtzeburger jo awer och vill am noen Ausland sinn, gesi se eng Moosnam, déi dann am Nopeschland normal ass, gesetzlech richteg ass, do akzeptéiert ass an déi da bei eis verbueden ass an deelweis och ka sanktionéiert ginn, wann ech den Text richteg an Erënnung hunn. Also eng Explikatioun ass noutwendeg.

An do soen ech: Et wär och net schlecht, wann eebe grad esou praktesch Moosnamen europawäit kéinten déi selwecht sinn. Déi misste jo sanitär jiddwerengem Gesondheitsminister a priori alichten a missten och kënne gemaach ginn. Mee ech weess, wéi schwéier heiansdo Europa am Fonctionnement ass.

D'Modifikatioun vun den Delaien, déi mer hei virgeluecht kritt hunn, liicht eis och an. Eng Rei vu wëssenschaftlechen Explikatiounen huet den Direkter vun der Santé eis ginn, firwat et sënnavoll ass, an der Quarantän den Test diagnostique vum fënneften Dag eréischt um sechsten Dag ze maachen. Bei eis war souguer eng Diskussioun, datt mer en eréischt géife kënne de siwenten Dag eventuell maachen. Mee selbstverständlech kënnt dann déi Diskussioun, wéi laang een an der Quarantän de Leit am Fong hir Fräiheet soll ewechhuelen. A mir hunn dat hei dun awer als e sënnavolle Kompromiss empfongt. Dofir kënne mer och do mat op dee Wee goen.

An dat selwecht gëllt fir den Isolement. Wann d'Wëssenschaft eis seet, datt nom zéngten Dag mat dem Isolement kann opgehale ginn, mee da gëtt et iwwerhaupt kee Grond. An dann ass et souguer eng Obligatioun fir ze soen: „Mee déi Quarantän oder den Isolement muss esou fréi wéi méiglech ophalen“, fir datt d'Leit, wa

se net méi ustiechend sinn, wann et sanitär méiglech ass, sech erëm normal kënne beweegen.

Dat sinn also Moosnamen, déi mer absolutt ënnerstëtzen an déi mer och matdroen.

Eng aner Saach ass et bei de Moosnamen iwwert den Traçage an de Suivi vun de Passagéier an haaptsächlech dem Formulaire vun der Lokalisatioun vun de Passagéier. Mir sinn u sech och der Meenung, datt dee Formulaire, deen haut schonn an de Fligere ausgefëllt gëtt, ... Mee nach ëmmer: Mir kréie méi wéi ee Beispill vu Leit, déi eis soen, wa se zréck op Lëtzebuerg kommen, si hätten awer keen ausgefëllt! Dofir wär et awer gutt, eng Kéier vläicht mat de Fluchgesellschaften ze schwätze fir ze verifiéieren, wat dann elo déi richteg Realität ass, well normalerweis kënne sech d'Leit dorun awer erënnere. A wann eppes obligatoresch ass, da soll et och gemaach ginn.

Mir sinn also d'accord, datt dat soll direkt kënnen an d'Santé goen an net nëmmen op Nofro vun der Santé dem Direkter vun der Santé zur Verfügung gestallt gëtt. Dat spuert Zäit. Dat mécht et méi effikass. An dofir si mer och mat deem Prinzip selbstverständlech d'accord.

Mee d'Gesetz gesäit och nach vir, datt ee kann déi Demande 48 Stonne virdrun elektronesch ausfëllen. Och dat fanne mer richteg. Mee ech soen awer kloer an dättelech och hannerdrun: Mir sinn awer och enttäuscht, datt, wann een esou eppes an d'Gesetz schreift, een dann awer direkt hannerdruseet, datt ee vun der Regierung aus oder vum Ministère aus keng esou Applikatioun zur Verfügung stellt, fir et am Fong elektronesch kënnen ausfëllen, an dat den Aviatiungsgesellschaften eleng iwwerléisst.

Mir hätte gär gehat, datt och nach méi eng iwwerluecht Léisung hei géif virgeschloe ginn. Well mir stelle fest, datt net nëmme mir, mee och de Conseil d'État där Meenung ass, deen u sech fënn, datt d'Gesetz, esou wéi et haut virläit fir gestëmmt ze ginn, net virgesäit, wou een de Formulaire ka kréien, net virgesäit, wien de Formulaire kritt oder wou een e kann ofginn, net virgesäit, wann e Refus ass, wat da geschitt, ob dann eng Fluchgesellschaft e Passagéier ka mathuelen, deen awer an dësem Fall, wann en am Fliger setzt, souwiso schonn am Fluch ass, dat heescht, net méi kann net matgeholl ginn, wann e refuséiert, en auszufëllen.

Wat geschitt an deem Fall dann? Gëtt en dann um Flughafen ugehale an dann erëm zréckgeschéckt? Oder wat sinn d'Konsequenze vun esou engem Refus? An och: Wie kontrolléiert, ob dat halleftweegs, probablement korrekt ausgefëllt ass? An et stinn och keng Sanktiounen bei dësem Refus drop.

Wann ech kucken, wat aner Länner, Frankräich oder d'Belsch, gemaach hunn, ass dat awer weesentlech méi konsequent. An der Belsch muss een, ier een an de Fliger klëmmt, säi Formulaire elektronesch ausfëllen, kritt dann e Code-barres an ouni dee Code-barres kann een net an de Fliger klammen.

Do kann een dovunner halen, wat ee wëllt, mee zumindest ass et konsequent an zumindest ass et effikass. An ech liesen dann och dee Passage vum Conseil d'État vir, deen de Rapporteur och a säi Rapport iwwerholl huet, wou de Conseil d'État seet: « Le Conseil d'État considère que le dispositif prévu présente des déficiences et devrait être précisé sur les questions de l'obtention du formulaire, de la remise de ce dernier, des conséquences d'un défaut de remise et, le cas échéant, des sanctions. A défaut de précision, le dispositif, tel qu'il est libellé, risque de donner lieu à des divergences d'interprétation dans le chef de l'Administration, des compagnies aériennes et des voyageurs. L'absence de détermination claire des droits et obligations des intervenants, en particulier des pouvoirs de l'Administration, affectera l'efficacité du régime. »

Dat ass kloer. Dat deele mer. Mir hunn da gesot kritt an der Kommissioun: „Dat ass awer an der Realität bis elo ni e Problem gewiescht.“ Mee ech soen doropshin: Wann e Problem dann eng Kéier an der Realität kënnt, dann hu mer natierlech och keng Léisung dofir an da ginn d'Schwieregkeete lass.

Mir hätte gär prezis Instruktiounen bei enger Moosnam gehat, déi mer vum Prinzip aus begrëssen, mee wou mer d'Exekutioun hei e wéineg schluddereg fannen an net esou kënnen novollzéien. An dat ass d'ailleurs e grouse Repproche, dee mer en général dëser Regierung maachen: Et ginn haaptsächlech grouss Linnen opgezeechent. Et ass ganz oft keng Präzisioun an der Definitioun, keng Kloerheet an den Detailler a keng Konsequenz an der Ëmsetzung.

Or, genau dat, Präzisioun, Kloerheet a Konsequenz, ass an eisen Aen, dat woutwendeg ass, wann ee wëllt laangfristeg Kredibilitéit an Autoritéit behale bei deene Leit, vun deenen ee wënscht, datt se dat, wat een decidéiert, och sollen an d'Realitéit ëmsetzen. An déi Kredibilitéit, déi Autoritéit ass an eisen Aen amgaang, lues a lues ze verschwannen.

Mäin zweete Punkt, dat léisst mech zu dem Projet kommen, dat ass iwwert déi generell Situatioun, wou mer haut sinn, an d'kloer Novollzéibarkeet an d'Präzisioun vun deem, wat schonn am Juni an am Juli ëmgemat ginn ass. An do widderhuelen ech eng Rei Saachen, déi ech scho gesot hat sengerzäit.

Dat Éischt, dat ass: Mir sinn der Meenung, datt de ganze Confinement forcé, iwwert dee vill geschwat ginn ass virun e puer Méint, sollt méi prezisiéiert ginn. Wéi geet dat? Wie waacht dorüwer, datt e Confinement och e Confinement bleift? Wou gëtt esou e Confinement gemaach? Wien ass responsabel fir d'Exekutioun dovun? Och alles dat si Saachen, déi an dësem Gesetzestext net drastinn, wou et awer, wann de Fall sech eng Kéier stellt, noutwendeg wär, datt ee se géif wëssen.

Dat selwecht gëllt fir d'Definitioun vun de grouse Rassemblementen, déi just definéiert ginn als „réunion organisée“. Och dat hunn ech schonn zwee-, dräimol gesot. Wann ee kuckt, wat viru Caféen heiansdo geschitt, wann ee kuckt, wat um Stauséi respektiv wat a Parken, wat op Spillplazen heiansdo momentan geschitt, da weess een net bei esou Situatiounen, wéi déi sech klasséieren. Da klasséiere se sech net ëm d'Definitioun vum Rassemblement a vun der Réunion organisée. Dat heescht an anere Wierder, mir hu fir deen Typ vu Moosname strictement keng Reegelen. Mir hunn Horeca-Reegelen, mir hu Reegele fir doheem, mee mir hu keng Reegelen op der Voie publique.

An do widderhuelen ech elo nach eng Kéier, wat ech am Juli gesot hunn. Mir mengen, datt eng punktuell Obligatioun vun Distancing oder Maskdroen och bei net organiséierte Rassemblementen iwwer zéng oder iwwer 20 Leit dobaussen eng Noutwendegkeet wär, eng punktuell Obligatioun vu Masken, wann den Distancing net kann agehale ginn. An de Parken, op den Trottoiren, op de Spillplazen, do, wou Fillen zum Beispill bei Takeoute sinn a wou ee gesäit, datt d'Leit op 30 Zentimeter ee vun deem anere stinn ouni Protektioun, ouni Mask, fanne mer, datt esou punktuell Obligatiounen missten ëmgemat ginn, haaptsächlech an enger Zäit, wou ee gesäit, datt déi sozial Kontakter erëm méi heefeg ginn an datt d'Zuele vun dem Covid amgaang sinn, an d'Luucht ze goen.

D'Regierung wëllt dat net. Mir fannen et sanitär richteg. Mir fannen et sanitär wichtig. Mir stellen och haut fest, datt vill Länner et hunn oder haut an dësen Deeg amgaang sinn, op dee Wee ze goen.

En anere Punkt, dat ass, datt eng ganz Rei Reglementer, déi erauskommen sinn, an eisen Aen onprezis oder onlogesch ee par rapport zu deem anere sinn. Do och e puer Beispiller:

Zum Beispill Kanner, déi an enger Schoullklass ënner sech sinn, déi sollen an hirer Schoullbulle deelweis zesummegehele ginn, mussen awer a kënnen dann op där anerer Säit, wa se an d'Maison relais ginn, mat vill méi enger grouser Grupp zesumme kommen, ginn dann duerno erëm zréck an hir Klass. Ech kann déi eng Reglementer an déi aner Reglementatioun verstoen, mee d'Zesummekommen an d'Zesummekomme vun deenen zwou Reglementatiounen mécht duerno awer sanitär a mengen Ae kee Sënn méi.

Dat selwecht ass zum Beispill, wann eng Klass a Quarantän gesat ginn ass an d'Kanner dann net däreren an d'Maison relais goen. Dat liicht mer da jo och an. Dat schéngt mer logesch, schéngt mer kloer ze sinn. Mee déi selwecht Kanner, déi dann a Quarantän sinn, déi net däreren an d'Maison relais goen, déi ginn awer an de Bus mat allen anere Kanner, dee strubbelvoll ass, fir zréckgefuert ze ginn. Elo verstinn ech awer och, datt dat techesch um Terrain ganz schwierig ass. Mee ech soen, wann ee wëllt, datt d'Leit et verstinn, wat een amgaang ass ze maachen, dann däreren esou Reglementatiounen an deem engen an an deem anere Secteur net openeeknuppen an am Fong onlogesch sinn ënnert sech an da kee Sënn maachen an dann och net méi vun de Leit verstane ginn.

Dat selwecht ass fir Sportsmanifestatiounen dobannen. Do misst een och wëssen, ob et dann elo „activités qui accueillent un public“ sinn, wou de Port du masque obligatoresch ass, oder ob et Rassemblementen sinn, wou een dann zwee Meter mat Place assignée brauch. Déi eng interpretéieren et esou, déi aner interpretéieren et anescht. Oder d'Fro vun de Buvetten an den Hall-sportiffen, wou d'Info un d'Sportsveräiner gaangen ass, datt se däreren en Takeout maachen, wa se d'sanitär Reegelen anhalen a wann d'Leit hiert lesse siche kommen, mee awer net däreren esou wéi am Horeca-Secteur zerwéieren, och wann dann all sanitär Reegelen agehale ginn.

Ech verstinn awer och, wéi dat reglementaresch ass, mee ech soe just, bei de Leit dobausse sinn déi do Moosnamen, déi deelweis kontradiktoresch sinn, awer schwierig ze



explizéieren. An och, wann et elo Klenggekeete sinn, an ech ginn elo net weider Beispiller, well ech mech net wëll a Klenggekeeten hei verléieren, mee och, wann et Klenggekeete sinn, si se net ëmmer novollzéibar, mee si ginn heiandsdo d'Impressioun, datt duerno jiddweree mécht, wat e wëllt an och wéi en et wëllt, an datt et da schlussendlech egal ass, well kee weess, wat richtig a wat falsch ass.

Ech weess och do, datt de Santésministère net ëmmer responsabel ass an datt eng ganz Rei aner Ministeren hir eege Circulairen an hir eege Reegelen erausginn, ob dat d'Éducation nationale, de Sport, den Interieur ass. Mee ech fannen, datt do vill Saachen, wann ee se global kuckt, onlogesch sinn an eng grouss Onsécherheet bei der Populatioun kreéieren.

Mäin drëtten Punkt, dat ass d'Ëmsetze vun all deenen dote Moossnamen. Och dat Ëmsetze muss novollzéibar an heiandsdo och machbar iwwerhaupt sinn!

D'Madamm Hansen hat eng Question parlementaire urgente gestallt de Moien, a mir kruten och elo de Mëtteg virun der Sëtzung eng Äntwert iwwert deen Enseignant, dee geschriwwen huet fir ze soen, datt hien a Quarantän gesat war, well en da wierklech eventuell ustiechend kéint sinn, wann dat sech géif erausstellen, wann en dann als positiv getest géif ginn, mee datt en awer eng Derogatioun krut, fir schaffen ze goen.

Bon! A mir kruten haut confirméiert, datt 93 Enseignanten esou am Fall sinn. Elo bei dësem Enseignant ass et, wann ech dat richtig gelies hunn a richtig verstanen hunn, nach mei komplizéiert. Wat ech à la limite nach ka verstoen: datt een da seet, deen ass an der Quarantän, e muss säi Mask undoen, en ass an enger Klass. Mee hei ass en Enseignant, deen och nach sech Klassen, wéi en da selwer schreift, hat an dee vu Klass zu Klass gaangen ass. An da liicht et engem net an, datt do kann eng Derogatioun kommen. Well ech verstinn net, wéi dat da sanitär erklärbar ass, datt een dat zouléist, wann esou Exceptionne kommen. E muss déi ganzen Zäit doheembleiwen, kann awer an d'Schoul goen a bei sämtlech Klasse goen! Ech verstinn, mee dat mécht awer kee richteg Sënn!

An en fin de compte stellt sech och d'Fro vun der Gerechtkeet. Wann dat an der Éducation nationale op 93 Plazen esou behandelt gëtt, jo, wéi ass et da mat aneren Entrepreneuren? A wéi ginn do d'Derogatiounen gehandelt? Well et ass jo awer logesch, noutwendeg a sënnvoll, datt jiddwereen änlech behandelt gëtt, wann de Fall dann änlech ass.

Oder en anere Fall, dee vun de Sportsaktivitéiten an de Gemengen, wou d'Gemengen da gesot kréien, datt no all Aktivitéit d'Vestiairen an d'Dusche mussen gebotzt ginn an am Fong och desinfektéiert ginn. Dat liicht mer och an. Mee an der Realitéit ass et esou, datt dat net esou prezis an der Circulaire steet, déi Gemeng, déi dann nofree, dat awer prezis vum Ministère de la Santé geäntwert kritt, an der Realitéit awer och net weess, wéi se et soll maachen. Well wa se de Sport organiséiert, esou wéi et awer elo decidéiert ginn ass, da gëtt do ee Veräin an eng Ekippe no där anerer sech d'Klensch an de Grapp vun dem Vestiaire. An et ass schwierig machbar.

An ech froe mech, wann een haut géif froen: „Wat fir eng Gemeng mécht dat dann esou, wéi et do beschriwwen ass?“, wëll ech d'Äntwert net onbedéngt ..., oder sinn ech mer net sécher - loosse mer et esou soen -, wat dann d'Äntwert op déi Fro ass.

En anere Fall, dee fir mech och relativ signifikativ ass, datt ass dee vun e puer Leit, déi ech kennen, déi positiv getest gi si beim Covid, mee asymptomatesch Fäll waren an dofir relativ spéit getest gi sinn, dat heescht sechs, siwen, aacht Deeg warscheinlech dobausse waren, ier se dann iwwert de Large-Scale-Testing do positiv getest gi sinn. Si woussten et net. Si kënnen net derfir, et ka keen derfir, mee et ass dann d'Realitéit. An da gi se a Quarantän, just datt déi Quarantän dann awer fir si 10 oder 14 Deeg - elo 10 Deeg - dauert an en fin de compte nom drëtten Dag se awer en negativen Test maachen, well se schonn esou laang krank waren, an dann awer keng Méiglecheit hunn, krute mir op jidde Fall erzielt, aus där Quarantän do erauszekommen, well och keng Recoursméiglecheit do ass. Och dat si Saachen, déi extreem schwierig verständlech sinn.

Oder en anere Fall vun enger Fra, déi dann zesummekomm ass, iesse gaangen ass mat engem Kolleeg, deen zwee Deeg duerno getest war, méi wéi eng Stonn mat em an engem Dësch souz, da sech an Autoquarantän setzt, esou wéi se gesot kritt oder héieren huet, datt se dat da sollt maachen, an dann awer véier Deeg näischt héiert an och net ugeruff gëtt. Déi steet dann awer schlecht do. Déi huet sech elo an Autoquarantän gesat, hat am Fong aarbechtsrechtlech am Nachhinein kee Recht

dozou, hat awer richtig reagéiert, fir et ze maachen, a weess elo net richtig, wou se drun ass. Alles dat sinn am Fong Inkohärenzen, déi ech mer kann explizéieren, vu wou se kommen, mee déi awer relativ Schwierigkeete maachen an der Realitéit.

Haut stëmme mer en Text, dee bis zum 31. Dezember gutt ass. An et ass awer an dësem Text am Fong net vill changéiert par rapport zum Juli. A mir mussen eis elo froen, an dat ass mä véierte Punkt: A wat fir enger Situatioun si mer haut? An déi Evolutioun, déi mer haut an de Covidzuele kennen, déi mécht awer jiddwerengem grouss Suergen, haaptsächlech och wann ee kuckt, wat momentan ronderëm amgang ass ze geschéien a wéi d'Ausland amgang ass ze reagieren.

Ech hunn e weéneeg gëschter d'Noriichte gelauschert, esou wéi Dir alleguer. Zu München gëtt d'Maskepflicht op „belebten Plätzen“, eng Bulle vu fënnf Persounen, elo frësch à partir vun dësem Weekend un agefouert. Zu Madrid sinn Ausgangspären a 37 Zonen. An dem United Kingdom, dem Vereenegte Kingdom, do hält de Premierminister de Mëtten eng Ried, wou en och wäert drastesch nei Moossnamen ukënnegen. Zu Wien ass Maskepflicht a Sperrstunde. An der Belsch ass Maskepflicht souwiesou.

Dofir ass fir eis ganz kloer elo d'Fro gestallt: Wann dat elo esou weidergeet a wann deen Trend sech confirméiert, wat sinn dann déi nächst Schrëtt, déi mer maachen?

Mir soen nach eng Kéier dat, wat mer scho gesot hunn: Mir mengen, datt de Port du masque punktuell och dobaussen, wa Rassemblement sinn, eng Noutwendegkeet, eng Obligatioun an eisen Äen ass. A mir sinn nach ëmmer der Meinung, datt, wann déi Fäll elo usteigen, mer eng Tracingapp brauchen, déi sënnvoll ass net fir iergendeppes ze ersetzen, mee au complètement vun deem, wat elo ass, wann de manuellen Tracing iwwerfuert gëtt.

Mir hunn och net richtig verstanen, firwat de Staatsminister eis da seet: „Dat kascht 4,5 Milliounen. Gitt Dir elo gär 4,5 Milliounen aus, wou Der net sécher sidd, dass Der et braucht, a wou Der net sécher sidd, dass et effikass ass?“ Ech erënnere just de Staatsminister drun, datt de Large-Scale-Testing 100 Milliounen kascht an all déi aner Saachen, déi derbäikommen, enorm Zomme sinn an datt mer mussen hei all eis Garantien huelen, fir e Maximum u Schutz kënnen ze maachen.

Dofir eis Äntwert: Jo, déi do Suen hätte mer ausginn, fir eng Applikatioun prett ze hunn, wa mer se da brauchen! Well wa mer se dann eng Kéier brauchen, da geet alles esou schnell, wann een dann nach eng Kéier dräi Wochen oder e Mount muss drunhänke fir ze kucken, ob se fonctionéiert, a fir d'Leit ze iwwerzeegen, se dropsetzen, nodeems datt een elo zwee Méint gesot huet, et géif een dat net ënnerstëtzen, dann ass et einfach ze spéit. Dat Ganz ass eng Course géint d'Zäit. An eis Zilsetzung ass, eis Economie an eis Schoulen opzehalen. Dat muss mer kënnen garantéieren. An dofir muss mer eis all Moyene ginn.

Dann hunn ech nach zwou Froen, déi ech wëll stellen:

Dat ass, wéi wäit et ass mat deene Statistiken, déi mer och säit e puer Kéiere scho froen, wou mer net feststellen, wou Infektiounen sinn oder wou déi Leit liewen, mee wou dann d'Infektiounen hierkommen, aus wat fir engem soziale Grond d'Leit sech infizéieren, fir datt ee besser kann agéieren. Dat kann nëmme just iwwert den Tracing gemaach ginn. Dat gëtt approximativ och warscheinlech am Ministère de la Santé gemaach. Mee dat ass déi Statistik, déi mer brauchen, wa mer wëllen hei prezis Decisiounen huelen.

A meng lescht Fro, dat ass iwwert d'Vaccinatioun, net mat engem nach ze kreéierende Vaccin, mee dat ass iwwert d'Vaccinatioun géint déi normal Gripp, well am Hierscht, wann dann eng drëtt Well kënnt a wann dann eng Gripp kënnt, da gëtt et jo weesentlech méi schwéier fir ze detektéieren, wie wat fir eng Krankheet huet. An da gëtt et fir eis Spideeler a fir eis Doktere relativ komplizéiert. Dofir wär et wichtig, haaptsächlech dësen Hierscht wichtig, datt normal Vaccinatiounen esou vill wéi méiglech gemaach ginn. Elo gëtt mer awer gesot - an ech weess awer net, ob dat richtig ass oder falsch, dofir froen ech et -, datt momentan net genuch Vaccine fir déi normal Gripp do wären an datt momentan, wann ee sech wëllt vaccinéieren loosse, ee geäntwert kritt, datt just déi vulnerabel Leit géife vaccinéiert ginn, well fir déi aner net genuch Vaccinen do sinn.

Dat ass eppes, wat ech ewell ëfters héieren hunn, dofir froen ech et: Si genuch Vaccinen do? Si mer préparéiert fir eng Vaccinationscampagne fir déi nächst Méint? Wéi steet et domat? An ech wär frou, wann d'Madamm Mi-

nistesche eis géif eng kloer Äntwert op déi Fro ginn.

Ech kommen zur Konklusioun, Här President.

Mir ënnerstëtzen de Prinzip vun deene sechs Moossnamen, déi den Text nei virschléit.

Zweetens, mir hätte gären d'selwecht wéi de Conseil d'État d'Moossnamen iwwert d'Lokalisatiounsformulair vu Fliegerpassagéier méi prezis, méi kloer a méi breet formuléiert.

Drëttens, mir sinn der Meinung, datt déi Texter vu virun der Vakanz an elo dee verlängerten Text net prezis genuch sinn, net kloer genuch sinn, net wäit genuch ginn.

Véiertens, mir fannen déi praktesch Ëmsetzung ronderëm dësen Text ganz oft dann awer holpreg, heiandsdo kontradiktöresch an ëfters onzefriddestellend. Dat ass net just eng Saach vun der Santé, dat ass och de Fall bei anere Ministeren.

A fënneftens, mir fannen, datt d'Regierung eng Rei an eisen Ae wichteg Punkte refuséiert huet. Mir sinn iwwerzeegt dovun, datt, wann d'Evolutioun esou weidergeet, eis Propositionen och nach eng Kéier wäerten an deenen nächste Wochen ugeholl ginn. Mee vu datt de Kampf géint de Virus e Kampf géint d'Zäit ass, regretéiere mer hei, datt wäertvoll Zäit verluer geet.

Aus dese Grënn kënnen mer dësen Text net matstëmme. Mir hunn eis och esouguer an der Fraktioun d'Fro gestallt, ob mer net carrement sollten dergéint stëmme, well esou vill Holpregkeet um Terrain ass, well esou vill Froen onbeäntwert bleiwen, hunn awer dann decidéiert, datt mer eis géifen enthalen, well mer iwwerzeegt sinn, datt an dësen Text, dese véierten Text, dee mer an dëser Covidsituatioun stëmme, net komplett ass, onprezis ass an a verschiddene Punkten net kohärent ass.

A mir hätten och elo gär eng Diskussioun, wat fir eng Moossnamen da kënnen gemaach ginn an deenen nächste Wochen, wann d'Zuelen nach klammen, fir datt mer keng Zäit verléieren. Mir hunn d'Impressioun, datt an dësem Kontext scho ganz vill onnéideg Zäit verluer gaangen ass.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschtenen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wiseler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Haut viru sechs Méint hu mer zesummen den État de crise gestëmmt. Et si ganz genau sechs Méint hier. Sechs Méint méi spéit si mer aus dëser sanitärer Kris nach net eraus an de Virus hält eis nach ëmmer an Otem. Op all eis Liewensberäicher huet en agewierkt, Verännerungen erbaigeféiert, nei Erausfuerrunge mat sech bruecht. Mee mir hu geléiert, mat dëser neier Realitéit ze liewen, a mir hu bewisen, dass mer eis och als Mënsche kënnen un déi nei Realitéit upassen.

Eist Land huet séier a gutt op d'Kris reagéiert an de Gros vun de Leit huet erkannt, wéi wichtig et ass, sech un déi sanitär Sécherheetsmoossnamen ze halen. Nëmme zesumme konnte mer dës Kris bis elo packen. An nëmme zesumme wäerte mer och weider dës Kris misse bewältigen. A mir mussen och weider dueren, well bis e séchere Vaccin fir jiddwereen zougänglech ass, wäert awer nach eng Zäitche vergoen.

A fir dat, genee dat och weiderhin ze garantéieren, verlängere mer mat dësem Gesetz déi Mesuren, déi mer schonn de 17. Juli gestëmmt hunn. An dat ass och néideg, well an deene leschte Wochen d'Infektiounszele weltwäit erëm drastesch an d'Luucht gaange sinn. A vill Länner féieren elo, esou wéi de Virriedner et hei och opgefouert huet, vill méi streng Mesuren an.

Jo, och bei eis sinn d'Zuele spronghaft, an ech muss soen, fir mech onerwaart, erëm massiv geklommen. Ech hu mech fälschlecherweis an enger gewëssener Sécherheet gespiert. Ech war eréischt op deem Punkt ukomm, wou ech gesot hunn: „Jo, et wäert elo an den nächsten Deeg ëmmer tëschent 40 a 60 Neustiechunge leien. Dat läit bei 0,8 % ongeféier vun deene Leit, déi getest gi sinn.“ Abée, ech mengen, et waren nach anerer heibannen, déi sech vläicht an där Sécherheet do gefillt hunn. Ech muss soen, ech hu mech geiert.

Ech si kee Mënsch, dee ganz séier panikéiert. Dat sollte mer och an dëser Situatioun net maachen, mee mir sollten eis awer sécher sinn, dass d'Situatioun eescht ass, och wann et an eise Spideeler fir de Moment gutt ausgesäit mat kenge Patienten op den Intensivstatiounen a ganz weéneeg Patienten an de Better an de Spideeler. Mee mir mussen weider oppassen a weider verstänneg bleiwen.

Mat dësem Gesetz wëlle mer jo am Fong net méi streng ginn, mee mir wëlle fir méi Kloer-

heet suergen a besser duerch déi kal Joreszäit kommen, déi elo virun der Dier steet.

Wéi de Rapporteur schonn erkläert huet, gëllen d'Visiëren net als Equivalenz zu engem Mond-Nues-Schutz. D'Nues an de Mond mussen bedeckt sinn, fir dass déi Loft, déi mer an- an ausootmen, souwäit wéi méiglech gefiltert ka ginn. Dat ass bei enger Visiëre net de Fall, déi haaptsächlech dozou déngt, fir d'Aen ze schützen.

Da ginn et och Mënschen, déi kënnen aus medezinnesche Grënn oder opgrond vun engem Handicap net permanent eng Mask droen. Soulaang si hire medezinneschen Attest virweise kënnen, deen dat beleet, ass et hinnen och erlaabt, keng Mask unzedoen. An dësem Fall sollt awer esou gutt wéi dat nëmme méiglech ass d'Sécherheetsdistanz agehale ginn.

Op dëser Plaz wëll ech op eis dafstomm Matbierger ze schwätze kommen, déi bei der Kommunikatioun dorobber ugewise sinn, d'Lëpse vun hirem Gespëchspartner ze gesi fir ze verstoen, wat déi Leit hinne wëlle soen. A mat de Maske gëtt hinnen d'Kommunikatioun am Alldag natierlech erschwéiert. An dat bréngt d'Gefor vun enger sozialer Isolatioun mat sech. Et misst een also driwwer nodenken, fir vläicht méi transparent Maske fir dës Leit zur Verfügung ze stellen, engersäits wéi gesot fir d'Leit mat engem Handicap an anerersäits fir d'Leit, déi am Gesondheetsberäich, an Administratiounen oder an de Butteker schaffen.

Ech géif gär vun dëser Plaz dem Kolleeg Mars Di Bartolomeo Merci soen. De Mars huet eis wéi ëmmer d'Gesetz en détail erkläert. Mars, ech muss soen, du méchs eng fantastesch Aarbecht an der Santéskommissioun elo déi ganzen Zäit, wou mer déi Covidsdebatt hei hunn, wou mer déi Gesetzer hei gestëmmt hunn. Du hues eng ganz, ganz gutt Aarbecht gemaach. Du kanns sécher sinn, dass ech der de Réck stäipen, an ech mengen, wéi och déi allermeescht oder vläicht souguer alleguerten d'Kolleegen heibannen, an enger Situatioun, déi vläicht elo net esou einfach ass. Merci Mars fir däi ganz groussen Asaz! An ech faasse mech kuerz, well du hues jo, wéi gesot, déi meescht Detailler scho ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Baum (DP).** - D'Gesetz gesäit vir, dass mer, wéi gesot, d'Apdikter an d'Psychotherapeute kënnen an d'Réserve sanitaire huelen. Sou stelle mer sécher, dass et zu kengem Moment zu engem Personalmangel am Gesondheetsberäich kënnt. An ass ëmsou méi wichtig, well d'Grippesaison virun der Dier steet. A mir wëssen, dass eise Gesondheesssektor wäert mat der Grippesaison gefuerdert ginn, mee mir wëssen net, wéi de Covid-19 an d'Gripp openee wierken a wéi déi ganz Situatioun sech wäert entwéckelen. Dëst Joer kënnt natierlech dann d'Inconnue vum Coronavirus derbäi. Wéi gesot, mir wëssen net, wéi deen elo op déi Keelt reagéiert, déi an den nächste Méint kënnt.

D'Regierung huet vun Ufank un e besonnesche Wäert op eng ëmfaassend Teststrategie geleeht. A mir sinn der fester Iwwerzeegung, dass dat och de richteg Wee war. Fir dass mer esou vill vun eise Fräiheete wéi méiglech genéisze kënnen, mussen mer awer och weiderhin testen, wann och méi geziilt.

Bei den Tester ginn déi perséinlech Donnéeën gesammelt. Fir en effikassen Traçage ass dat wichtig. An dowéinst ginn déi perséinlech Donnéeën elo dräi Méint no der Kollekt anonymiséiert an net méi dräi Méint nom État de crise, well deen ass jo och schonn dräi Méint hannert eis. An esou bleift den Traçage vun de Leit garantéiert, ouni dass d'Donnéeën onnéideg laang gespäichert ginn.

D'Passagéier, déi mam Flieger areesen an hir Donnéeën fir den Traçage am Fall vun enger Infektioun u Bord mussen uginn, kréien hirersäits verséichert, dass hir Donnéeën direkt vun der Fluchgesellschaft anonymiséiert ginn, soubal se un de Santésdirekter verschéckt goufen.

Als Member vun der liberaler Partei begrëissen ech natierlech, dass den Isolement vun den infizéierte Leit vu 14 op 10 Deeg erfroget, esou wéi et vun der Weltgesundheitsorganisatioun proposéiert gëtt. Déi 14 Deeg virdu waren natierlech ubruecht, well mer keng sécher Donnéeën dozou haten, wéi laang eng Persoun ustiechend ka sinn. Mat Hëllef vun der Fuerschung gi mer permanent méi iwwert deen neie Virus gewuer a mir kënnen eis Mesuren deementspreechend upassen. Elo wësse mer, dass eng infizéiert Persoun schonn no zéng Deeg vill manner ustiechend ass an domadder kee berechtigte Grond besteet, fir se weider ze isoléieren.



Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Joer 2020, dat wäert als en aussergewöhnlecht Joer an d'Geschicht agoen. Seele gouden et Evenementer, déi esou vill global Verännerunge mat sech bruecht hunn a wou d'Leit esou vill Sacrifizen hu misse maachen. Vill Familljen hu léif Mënsche verluer. Anerer hu mat finanzielle Schwiereregkeeten a Suergen ze kämpfen. Anerer hunn Angscht ëm hir Aarbecht an domat ëm hir Existenz an d'Existenz vun hire Familljen.

An esou münche Länner ginn d'Leit op d'Strooss a si protestéieren géint d'Maskepflicht. Si protestéieren géint eng Measure, déi nowieslech hëlleft, déi eege Gesondheet ze schützen an och d'Gesondheet ze schützen vun de Matbierger, eng Measure, déi net dozou do ass, fir d'Leit ze nerven, mee déi hinne soll hëllegen, esou vill Normalitéit wéi méiglech zréckzeginn.

Ech si frou, an engem Land ze liewen, wou d'Leit, déi keng Mask droen, d'Leit, déi sech weigere, eng Mask ze droen, eng absolutt Minoritéit duerstellen, ...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Baum (DP).** - ... wou d'Solidaritéit groussgeschriwwen gëtt an een op deen anerem oppasst. An ech soe jiddwerengem Merci, deen elo zënter sechs Méint sech an dës sanitär Mesuren hält a weider dozou bäidréit, dass mir dës Kris zesummen iwwerwannen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Baum (DP).** - Ech ginn natierlech den Accord vun der Demokratescher Partei zum Text a soenlech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gilles Baum. Nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Gilles Baum huet et scho betount: Lëtzebuerg steet am Kampf géint de Virus ganz gutt do. An ech mengen, doriwwer mussen mer eis all freeën. Et ass de Verdéngscht vun der Regierung, mee och vun eiser ganzer Gesellschaft. An dofir e grouse Respekt u jiddwereen, deen dobäi mathëlleft.

Ech wéilt am Numm vun der grénger Fraktioun awer och eppes bedauern am Virfeld vu mengem Iwwerleeungen zu dësem Projet de loi, an zwar, datt et zanter dem Ausbruch vun der Pandemie nach ëmmer keen europäesche Gremium gëtt, deen d'Covidmoossnamen europawäit koordinéiert an europawäit fir Kohärenz suergt.

Et gëtt wuel den Europäeschen Zenter fir d'Preventioun an d'Kontroll vun ustechende Krankheiten, dee jo och regelméisseg Recommendationen ausschafft, déi mer dann och ophuelen, mee et gëtt nach ëmmer keng kohärent Strategie, déi an eisen Aen awer déi bescht Approche wier, fir dee gemeinsame Feind mam Numm Sars-CoV-2 a Schach ze halen a Reiwereien tëscht de Länner ze verhënneren.

Mir fannen et jiddefalls onvertriebar, datt Grenzschréngungen a Kontrollen nach ëmmer en Thema sinn oder awer eng generell Quarantänpflicht fir Areesender aus verschiddene Länner, esou wéi verschidde Regierungen dat ausserhalb vu Lëtzebuerg decidéieren. Net nëmmen, well esou Decisiounen dem europäesche Gedanke méi schuede wéi nutzen, mee och, well déi pauschal Opfaassung, datt all Mënsch, jee nodeem aus wéi engem Land en areest, per se Ustiechungsverdächtig ass, scho bal eng Verurteilung duerstellt, déi juristesche net onbedéngt d'Strooss hält. An do wéilt ech drop hiweisen, datt d'Verwaltungsgericht an Niedersachsen déi generell Quarantänpflicht am Mee 2020 ausser Kraaft gesat huet.

Aus all dësen a villen anere Grënn kann een also nëmmen hoffen an derfir plädéieren, datt d'Memberstaaten endlech op de Wee vu gemeinsame Reegele ginn an domat och op de Wee vun engem Europa, wat net just am Beräich vun der Finanzpolitik zesummenhält, mee och an deem vun der Gesondheet. An ech sinn iwwerzeugt, datt Lëtzebuerg do op alle Fall säin Deel wäert dozou bäidroen an datt déi Politik net u Lëtzebuerg wäert scheitern. Mir hunn d'Solidaritéit scho méi oft bewisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat virausgeschéckt, kommen ech da bei de Projet de loi vun haut, deen d'Covidreegele jo eng weider Kéier wäert ofänneren an d'Ennerscheeder zu anere Länner awer och eng weider Kéier verdäitlecht: ugefaange bei deene méi klengen Detailer, wéi déi vun de Visiëren, déi als Otemschutz zu Lëtzebuerg verbuede ginn, berech-

tegerweis, während se an anere Länner awer erlaabt bleiwen, bis hin zu den Differenzen bei der obligatorescher Deklaratioun vun de Passagéier am Fluchverkéier, wou den Här Wiseler méi am Detail drop agaangen ass an déi och vum Staatsrot opgeworf gi sinn. An doriwwer eraus besteet awer och eng ënnerschiddlech Approche jee no Land, wat déi méi déifgräifend a fräiheetsaschränkend Moossname vun der Isolatioun a vun der Quarantän ugeet.

Virun allem dës Moossnamen, Dir Dammen an Dir Hären, géifen eiser Meinung no ëmsou méi akzeptéiert a respektéiert ginn, wat se um internationalen Niveau méi koordinéiert wieren.

Wat elo eis national Gesetzgebung ugeet, esou kënn et mat dësem Projet de loi jo zu der Erofsatzung vum Isolement vu 14 op 10 Deeg, während d'Quarantän bis zum Test vu 5 op 6 Deeg eropgesat gëtt, wou ee jo dann een Dag muss derbärechnen, bis d'Resultat virläit.

Alles dat sinn Ännerungen, déi evidenzbaséiert getraff ginn, déi sënnavoll sinn an déi mir natierlech och ënnerstëtzen, allerdéngs mat der Remark alt erëm, datt Frankräich den Isolement op just 7 Deeg festgesat huet a bei der Quarantän op Fräiwellegkeet setzt zum Deel, wann ech den Direkter vun der Santé an der Santéskommission richteg verstanen hunn. Dat just als weidert Beispill, dat d'Differenzen am internationalen Kontext ënnersträicht. Datt d'Dauer vum Isolement mat dësem Projet de loi erofgesat gëtt, ënnerstëtze mir virun allem, well et sech hei ëm dee sensibelste Beräich vun de Moossnamen handelt, well en e wichtegt Grundrecht ausser Kraaft setzt, an d'zwar d'Grundrecht, sech fräi ze beweegen.

Derbäi kënn, datt den Isolement, grad wéi d'Quarantän, eng grouss Belaaschtung fir déi Betreffen duerstellt, an éischter Linn natierlech fir déi Mënschen a Familljen, déi an extreem schwierigen enke Wunnverhältnisse ouni Bausfällchen an ouni Gaart liewen. An esou Fäll ass et emol net méiglech, e Fouss virun d'Dier ze setzen, ouni sech direkt am ëffentlechen Raum ze befinnen, also genee do, wou déi betraffe Persoun eng Amende riskéiert a wou se sech, plakativ ausgedréckt, virkënn wéi scho mat engem Fouss am Prisong, obwuel se eigentlech just de Besoin huet, sech e wéineg ze beweegen.

Dir Dammen an Dir Hären, net nëmmen aus deem Grund, dee jo éischter psychologescher Natur ass, mee och aus gesellschaftlechen, ekonomeschen an educative Grënn ënnerstëtze mir, datt sech an der Santédirektioun Gedanke gemaach gëtt ronderëm méi en differenzéierten a manner rigiden Émgang mat der Quarantän. Dat huet den Direkter vun der Santé eis geschéit bestätegt, woubäi ee jo muss wëssen, datt an der Moyenne just 7,6 % vun de Persounen, déi an de leschte Méint an der Quarantän waren, tatsächlech infizéiert gi sinn. Anescht ausgedréckt si bal 93 % net infizéiert, wat d'Argument vu méi engem differenzéierten Émgang mat der Quarantän ënnersträicht.

A wa mir zu Recht behaupten, datt mer mussen léieren, mam Virus ze liewen, da wier d'et weidere wichtegen a richtegen Schrétt an déi Richtung, natierlech ënnert der Bedéngung, datt d'Gestes barrières an all déi Reegelen, déi dobause gëllen, streng respektéiert mussen ginn, fir potenziell Ustiechungen weiderhin ze vermeiden a virun allem déi vulnerabel Persounen ze schützen, well dat jo wierklech déi Populatioun ass, där mer eis am beschte müssen unhuelen.

Domat kommen ech eebe grad bei déi Bevëlkerungsgrupp, op déi ech am Kontext vun de steigenden Infektionszuelen e bësse méi wäit agoen. Et ass déi vun deene besonnesch vulnerable Leit, vun deenen och an der Santéskommission rieds gaangen ass, well et si jo si, déi am meeschte riskéieren, an d'Spidol mussen ze kommen respektiv och op d'Intensivstatioun. An dat ass dat, wat net d'äerf geschéien. Dat sinn oft déi eeler Leit, mee net nëmmen.

Och wa se net direkt Objet vun dësem Projet de loi sinn, esou wëll ech am Numm vun der grénger Fraktioun awer e puer Froen opwerfen, déi sech virun allem bei steigenden Infektionszuele wäerte stellen, opgrond vun der Noutwendegkeet natierlech, datt besonnesch si geschützt mussen ginn.

Dir wësst, wann an der Zäit vum Confinement an och nach duerno vun der „eeleren Generation“ geschwat ginn ass, waren entweder déijéineg Persounen gemengt, déi an enger Institutioun liewen a kee Besuch konnten empfangen, oder awer et ass ëm déi méi rüsteg eeler Leit gaangen, déi nach autonom doheem wunnen a während dem Confinement an och duerno vun der Famill oder vu Frënn mat Liebensmëttel an anere Servicer versuergt gi sinn.

Eng Kategorie, vun där awer nach net vill geschwat ginn ass an déi bei steigenden Infektionszuelen net d'äerf vergiess ginn, sinn déijéineg Persounen, déi vun der Assurance dépendance en charge geholl ginn. Vu datt Dir, Madamm Minister, och bäiguerdent Minis-

tesch vun der Sécurité sociale sidd, wéilt ech e puer konkret Problemer opwerfen, déi sech an de leschte Méint um Terrain an deem Kontext gestallt hunn an déi sech jee no Entwécklung vun der Pandemie eng weider Kéier wäerte stellen.

Wann ee weess, Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Prioritéit vun der Assurance dépendance beim Maintien à domicile läit, da weess een och, datt vill fleegebedürfteg Persounen nach doheem liewen, also net autonom. An Zuelen ausgedréckt, sinn dat mengere Recherchen no ëm déi 9.500 Mënsche vun am Ganze 14.200 Beneficiaire vun der Assurance dépendance, also zwee Drëttel liewen doheem. Dat heescht, ëm déi 9.500 fleegebedürfteg Persounen mussen och an Zäite vu Pandemie, Isolement a Quarantän doheem versuergt ginn, sief et, wéi dat an der Assurance dépendance definéiert ass, vun engem Aidant, dee vum Fleegebedürftegen iwwert d'Prestations en espèces bezuelt gëtt, sief et op där anerer Säit vun engem Réseau d'aides et de soins, deen d'Prestatiounen en nature assuréiert, oder awer, an dat ass de Gros, vu béiden zesummen, also engem Aidant an engem Réseau; dat si 85 % vun de Fäll.

Opgrond vun där Tatsaach hu sech an de leschte Méint eng Rei Froen gestallt, wat de konkreten Oflaf um Terrain an d'Organisation vum Fleegeesystem a Pandemiezeiten ugeet.

Dat ass éischters d'Fro, wéi et mat der Teststrategie bei deene Professionelle vun de Réseaux d'aides et de soins ausgesäit, déi jo am enke Kierperkontakt mat de Fleegebedürftigen sinn an duerfir gradesou vill geschützt mussen ginn. Hei ass et mir nach net ganz kloer, wéi wäit och d'Reseauen do matmaachen, ob se zu de prioritären Testgruppe gehéieren oder ob se dann och selwer bereet sinn, sech testen ze loossen. Vläicht ginn et dozou Chifferen, déi Der eis gäre kënn matdeelen, wann Der se hutt, Madamm Minister. Duerfir merci.

Zweetens stellt sech dann och d'Fro, wéi d'Reseauen, mee och d'Famillje sech organiséieren wäerten, wann de Quarantänkarussell nees massiv sollt ulafen. Bei de Reseauen war et jo bis haut esou, datt se hu misse Prioritéite setzen an hir Passagen a Prestatiounen bei de Leit doheem oft wéinst Personalmangel zäitweis hu missen erofschrauwen. Dat ass tatsächlech gutt gewiescht an et ass och verständlech aus sanitäre Grënn. Et konfrontéiert d'Politik awer haut mam Defi, dem Personalmangel virzebeugen.

Ganz sécher bréngen d'Familljen, eiser Meinung no jiddefalls, et net eng weider Kéier fäerdeg, d'Reseauen zu engem gudden Deel ze ersetzen, wann et drëms geet, de fleegebedürftigen an zum Deel och den demanten oder behënnerte Mënschen déi Hëllefstellungen zoukommen ze loossen, déi se eigentlech brauchen.

An deem Kontext verweisen ech op eng Etüd, déi vum däitschen Zenter fir Qualitéit a Fleg (ZQP) duerchgefouert ginn ass an explizit virun der psychescher a physescher Iwwerlaaschtung vu fleegende Familljemembere warn.

Eng drëtt Fro betrëfft dann déi nei Prise en charge vun der Assurance dépendance. Do huet sech erausgestallt, datt Persounen, déi während dem Confinement oder awer och déi Zäit duerno nach eng Zäitche jiddefalls fleegebedürfteg gi sinn, net vun enger Prise en charge konnte profitéieren, wat awer elo nogeholl ginn ass. Dat huet awer a ville Fäll dozou gefouert während där Zäit, datt déi elengliwend fleegebedürfteg Leit keng adequat Fleg vu berufstäteg Familljemembere konnte kréien. Firwat? Ganz einfach, well de spezielle Congé pour soutien familial just geduecht ass fir Leit, déi mat enger fleegebedürftiger oder enger behënnelter Persoun ënnert engem Daach liewen, wat awer dann net ëmmer zoutréfft.

Derbäi kënn, datt d'Alters- a Fleegeheemer - wat net Äre Ressort ass, dat ass mer bewosst - während dem Confinement kaum nei Leit opgeholl hunn, während d'Centres de jour, déi dann erëm un der Assurance dépendance hängen, aus gudde Grënn net méi fonctionéiert hunn an och haut nach net am normale System ukomm sinn.

E leschten an net onwichtige Punkt ass dann deen, datt déi sougenannt Gardes en groupe duerch Gardes individuelles ersat gi sinn. Och dës Decisioun war sënnavoll natierlech, fir Infektiounen ze verhënneren am Grupp. Fir déi eenzel Persoun bedeit dat awer eng Reduktioun vun der Garde vu ganzer 40 Stonnen op 7 Stonnen d'Woch; ausnamsweis gi 14 Stonnen zougestanen. Dat si Stonnen, déi net duerch zousätzlech Stonne vun engem Aidant kënnen prestéiert ginn, well de System dat de Moment net erlaabt.

Madamm Minister, ech si mer bewosst, ech hunn e bësse wäit ausgeholl, mee ech denken awer, dat do si Problemer, déi sech an de leschte Méint jo gestallt hunn an déi mer net d'äerfen aus den Ae verléieren, wann d'Zuele weiderhin eropginn. An duerfir mengere mer,

datt deen do Volet eng Kéier méi geziilt ënnert d'Lupp geholl muss ginn, fir eeben ze verhënneren, datt mer nach eng Kéier an déi Situatioun geroden, natierlech an Ofstëmmung och mam Familljeminstère, dat heescht mat deem Ministère, dee jo fir d'Drëtt-Alters-Politik zoustänneg ass an och fir d'CIPAen an d'Fleegeheemer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer zum Schluss nach e Wuert zum Dateschutz, dee mat dësem Projet de loi besser gereegelt gëtt, an zwar doduerch, datt déi kollektéiert Daten no dräi Méint anonymiséiert ginn. Och wa mer net ëmmer mam Staatsrot sengen Awänn d'accord sinn an allen Hisiichten, esou begrësse mer awer an dësem Fall, datt en drop gepocht huet, d'Date vun den infizéierte Persounen no dräi Méint ze anonymiséieren an net, wéi ursprénglech festgehalten, ze pseudonymiséieren.

Eng Pseudonymiséierung mécht et jo méiglech, d'Identitéit vun der betraffener Persoun ënner gewëssene Bedéngungen an informatiounellen Outilen nees erkenntlech ze maachen. Datt déi Optioun elo eenzeg an eleng der Recherche virbehale gëtt, ënnert der Bedéngung, datt e Rechercheprojet agereecht gëtt, ass natierlech eng gutt Saach. Et ass eng gutt an eng virsiichteg Approche.

An dee Kontext zum Dateschutz gehéiert dann och déi begrëssenswäert Decisioun vun der Regierung, déi mer an der Santéskommission diskutéiert hunn, nämlech déi, weiderhin op eng Coronaapp ze verzichten. Nodeems esou eng App sech an anere Länner mëttlerweil als Flopp erausgestallt huet, well se komplett ineffizient ass bei der Detektioun vun Infizierten, mengere mer, war dat do déi gutt Decisioun. A fir eis ass dat e weidere Grund, fir op eng Investitioun vu mindestens 4,5 Milliounen Euro ze verzichten. Ech sinn iwwerzeugt, et ass besser, mir investéieren déi Gelder an eisen ëffentleche Gesondheetssystem an an d'Recherche, wou se méi sënnavoll agesat kënnen ginn an alle Mënschen zegutkommen.

Ofschléissend wéilt ech dann den Accord vun eiser Fraktioun ginn an awer och dem Mars Di Bartolomeo als Rapporteur fir säi véierte Rapport an dëser Matière explizit Merci soen, dernieft awer och fir seng kompetent Leedung vun der Kommission. An e Wuert och a Richtung Opposition, wou ech wierklech muss soen, datt an der Santéskommission konstruktiv zesummege schafft gëtt, an dat freet eis. Ech wéilt, et wär iwwerall esou.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken e Merci dem Rapporteur, dem Här Mars Di Bartolomeo, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Mir sinn haut befaasst mam sougenannten drëtte Coronagesetz an dëser Phas. De Juni war dat éischt vun dëser Phas, de Juli war dat zweet. An d'et, wat mer haut stëmmen, baséiert sech op d'Gesetz méi oder wéineger vun Juli dës Joers. Duerfir halen ech mech an e puer Punkte méi kuerz.

D'et Gesetz ass praktesch deem viregte gläich, et ass weider onkloer an op verschiddene Punkte léisst et Spillraum zou fir eenzel Interpretatiounen. Bekanntlech hat jo schon den Här Staatsminister op RTL am Juni gesot zum éischte Gesetz: „D'Texter si besser, mee nach net gutt.“ Haut befanne mer fir déi drëtte Kéier iwwert dës Coronagesetz, an eenzel Punkte sinn nach net zur Zefriddenheet vun eis geännert ginn.

D'et Gesetz, ech hat et scho gesot, wat opgebaut ass op d'Gesetz vum Juli, mussen mer an zwee Deeler kucken. Dat eent ass d'Basis vum Gesetz, wéi zum Beispill de Punkt vun de Rassemblementen an dem forcéierte Confinement, wou näischt geännert huet. An da sinn awer eenzel punktuell Ännerungen do, opgrond vun der Coronaentwécklung an och aneren Erkenntnisser, deene mer dann hei Rechnung droen.

Ech wëll se kuerz ernimmen: Leit, déi ënner Quarantän stinn, dat si Leit, déi Kontakt hate mat enger infizierter Persoun, do gëtt elo d'Quarantän opgehuewen nom sechsten Dag an net méi nom fënneften Dag. Wëssenschaftlech Literatur géif soen, datt ee bis de fënneften Dag nach en negativen Test kéint hunn, awer dee sechsten Dag ee positiven. Duerfir wär dat hei dann de Maximum.

D'Isolatioun gëtt reduzéiert vu 14 op 10 Deeg, d'et och op Basis vu wëssenschaftlecher Literatur, an d'Isolatioun kann och net verlängert ginn.

Och fir Leit, déi mam Fliger an eist Land kommen, ass d'Prozedur nei gereegelt, an hir Donnéee ginn awer no 14 Deeg anonymiséiert. Mee hei ass e Manktum am Gesetz: Wéi kënnen déi



eenzel Donnéeën op hir Wourecht iwwerpréift ginn? Och ass elo kloer gereegelt, wéi déi eenzel perséinlech Date gehandhaabt ginn, an zwar gi se anonymiséiert spéitstens no dräi Méint no hirer Kollekt an net méi beim Auslafe vun der Krisesituatioun.

Fir d'Zukunft muss ee sech och emol d'Fro stellen: Musse mer déi Donnéeën nach laangfristeg hu fir Fuerschungs- oder Unizwecker? Misste mer net drun denken, fir déi Donnéeën awer eng Kéier komplett ze zerstéieren? Och doriwwer misst ee sech eng Kéier Gedanke maachen, well dat ka jo net éiweg esou oprechterhale ginn.

Och ass et gereegelt, datt eng Visière net konform ass géintwuer enger Mask, wat och dann ze begrëissen ass a wat och da gutt ass. Och de Persounkrees an der Reserv gëtt méi grouss opgestallt op d'Apdikter an op d'Psychotherapeuten.

Souwäit méi oder weëneger déi weesentlech Ännerungen an deem Gesetz, mat deene mer kënne liewen.

Mee bei dësem Covidgesetz wéi och bei deene virdru geet et awer méi wäit. Et geet ëm Privates an allgemeng Reegelen, déi net geännert hunn. Hei hu mer nach wie vor eng Rëtsch vu Bedenken:

Éischtens, Aschnëtter an déi perséinlech Fräiheeten, dat seet och weiderhin d'Commission consultative des droits de l'homme, hei misst nogebessert ginn. Eenzel Textpassagen, mir erliewen et all Dag, si weider onkloer. Dëst Gesetz wéi och déi Covidgesetz virdru loosse verschidden Interpretatiounen zou. Zum Beispill musse Leit, déi a Quarantän gesat ginn, siwen Deeg doheembleiwen no engem Kontakt mat enger infizierter Persoun. Si dierfen net aus dem Haus, keng Kommissiounen maachen, emol net aus dem Haus goen, fir e Covidtest de sechsten Dag ze maachen. Da kënnt eng Persoun bei si heem. Si dierfen emol net mam Hond spadseiere goe ganz eleng um Flouer.

An da kann een awer Follgendes an der Press liesen, gëschter: „Am Plang fir d'Schoulentrée wären Derogatiounen virgesinn: „Do gëtt et eng Méiglechkeet, fir dem Direkter individuell vu Fall zu Fall eng „Autorisation de sortie“ ze ginn, déi wierklech e But hunn, an déi net generell gëllen. An deem Kader si Mesurë geholl ginn, fir kënne eebe just an d'Schoul ze goen a soss néierens, dat ass ganz wichteg. Mir sinn eis bewosst, dass do nach musse Punkte gekläert ginn“, esou ze liesen d'Ausso vun der Madamm Ministesch gëschter an der Press.

Do muss ee feststellen, do ginn et schonn op ministerieller Basis eenzel Interpretatiounen vum Gesetz, a verschiddenaarteg ausgeluecht. A wann dat hei schonns geschitt, wéi soll dat vun de Leit dobaussen interpretéiert ginn? An dat, wat wichteg wier, misst och akzeptéiert ginn, a kritesch Stëmme kommen ëmmer méi op.

Et ginn och verschidden Ausleeunge vun de Rassemblementen, wou een zum Beispill op Veräinsniveau no enger Versammlung kee Patt dierf offréieren. Dat misst jo awer kënne méiglech sinn, natierlech no den Horesca-Reegelen. Awer duerno ginn déi selwecht Leit bei d'Horesca an hei dierfe se dann dat maachen, awer dann och ënnert den Horesca-Reegelen.

Oder déi berufflech Rassemblementen missten deene private gläichgestallt ginn. Dat schreift och d'Handwierkerfederatioun an hirem Avis. Vu „places publiques“ an iwwerall schwätze mer elo emol guer net. Do feelt iergendwéi d'Logik an deem Gesetz an dat féiert onweigerlech dozou, d'Glafwierdegkeet a Fro ze stellen. An dat ass fir d'Saach net gutt.

Dann ass nach am Code pénal den Artikel 563 (10), deen d'Vermummung ganz oder deelweis hei am Land verbitt. Dee gouf agefouert den 8. Mee 2018. Wéi ass dat ze verstoe mat deem Gesetz, wou et keen Hiweis op dese Paragraph gëtt?

Fir d'ADR kënnt weider eng Zwangshospitalisatioun net a Fro. D'Grondfräiheet sinn zäitlech a Gefor a mir wäerten ons dergéint wieren. Dës Moosnam baséiert op engem Gesetz aus dem Joer 1980 a passt net an déi haiteg Situatioun eran a war och virgesinn an engem anere Kontext.

Als ADR hu mir e generelle Problem domat, wa Fräiheeten, déi an der Verfassung verankert sinn, hei an der Chamber duerch eng einfach Majoritéit ausser Kraaft gesat ginn. Hei misst dann och op d'mannst eng Zweedréttelmajoritéit do sinn.

An dann nach e Wuert zur Verlängerung bis den 31. Dezember. Dat éischt Covidgesetz gouf ee Mount a Kraaft gesat. Dat zweet gouf zwee Méint a Kraaft gesat. Dat drëtt, wat mer elo haut stëmmen, dat gesäit vir: dräi Méint. Dat geet bis den 31. Dezember. Do muss een awer wëssen, den Dezember ass awer fir eis Geschäftsleit an och fir d'Famillen en Heemount. An dee schränke mer elo staark an. Dat wëllt

soen, dës Chrëscht- an Nikloszäit gëtt eng aner wéi déi vu virdrun. Et gëtt éischstens emol naturméisseg eng däischter Zäit. Dat schléit ganz vill op d'Moral vun de Leit. D'Geschäfte wäerten Abousse kréien, mee d'Onlinegeschäfte wäerte floréieren. D'Treffen, Famill, Beruff a Frënn, ginn ageschränkt oder a Fro gestallt. An alles dat si Punkten, do wier et vläicht besser gewiescht, mir hätten d'Gesetz gemaach bis den 30. November an dann hätte mer an aller Rou gekuckt, wéi mer dat iwwert d'Chrëschtzäit do kréien. Vlächgt gëtt d'Coronapandemie déi eng oder aner Iwwerleeung hier, fir dat méi labber ze maachen.

Da muss ee sech och d'Fro stellen, ob d'Maskepflicht iwwerhaupt eppes bréngt, well Länner wéi Holland a Schweden hunn, ausser op öffentliche Plazen, keng Maskepflicht. Trotz deene Moosnamen, déi mir zu Lëtzebuerg hunn, leie si méi oder weëneger op deem selwechten Niveau. A wier et vlächgt net awer emol ubruecht, d'Infektiounszuelen an déi ganz Skala op een Niveau ze setzen? Da kéint een dat vergläichen, well dat hu mer net, dann ass et schwéier ze vergläichen. An dann ass et och, an dat ass dat, wat mer um Mo läit: D'Akzeptanz bei de Leit misst méi grouss gi fir déi Saach do.

Aus all dësen Iwwerleeungen eraus kënne mir als ADR dëst Gesetz net matdroen a wäerten dergéint stëmmen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Marc Baum. Här Marc Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här Präsident. Wéi effektiv viru sechs Méint den État de crise ausgeruff ginn ass, hat een den Androck am ganze Land, datt awer esou eng Well vu Solidaritéit amgaang wier an datt eng ganz Bevëlkerung amgaang wier, sech ze wiere géint e Virus, sech op eng Aart a Weis ze wieren, andeem ee probéiert zesummenzestoen, andeem ee probéiert, een deen aneren ze respektéieren, Reegelen anzehalen, andeem probéiert gëtt, eng öffentliche Verwaltung quasi militäresch opzerichten, soudatt mer kapabel sinn, dee Virus ze bekämpfen, zumindest esou ze bekämpfen, datt en net kann allerschlimmste Suitte fir d'Bevëlkerung vun eisem Land hunn.

Nom État de crise kouw eng vill méi schwierig Phas: Mir mussen nämlech mam Virus liewen. An dat ass vill méi schwéier, mengen ech, wéi en ze bekämpfen. An doduerch, datt mer mat em liewe mussen, stelle sech vill Froen a se ginn iwwert déi ganz Panoplie, déi och hei ugeschnidde ginn ass an déi de Rapporteur an och vill Leit heibannen och erliewen. Mir kréie vill Bréiwer, wou gesot gëtt: „Déi Mesurë si vill ze streng, si sinn irrational, si sinn disproportionéiert!“ Vill Froe stelle sech déi Leit, och vill Froen, déi mir eis stellen. An op där anerer Säit ginn et och Leit, déi soen: „Dat ass vill ze large! Dir musst vill méi streng sinn, Dir musst vill méi konsequent sinn a vill méi haart duerchgräifen!“

An do dertëscht ass eng ganz, ganz dënn Linn, déi och mat der Zäit a mat der Entwécklung ännert. Si ännert mat der Entwécklung vun der wëssenschaftlecher Erkenntnis, déi eis am Wochehythmus an am Monatsrhythmus nei Erkenntnisser bréngt iwwert de Fonctionnement vum Virus, iwwert d'Vespreede vum Virus, iwwert d'Virulenz, iwwert d'Déidlechkeet vum Virus. Op där enger Säit ass et also ëmmer en Ofweien tëscht dem Schutz, dem gesondheetlechen, sanitäre Schutz vun de Leit an den individuelle Fräiheeten op där anerer Säit.

An déi individuell Fräiheeten, dat sinn net nëmmen abstrakt Gedanken, mee dat si ganz oft och Elementer vun enger sozialer Gesellschaft, vun engem gesellschaftlechen Zesummeliewen an och vu Santé publique, wat d'Fro vun Depressiounen ugeet, wat d'Fro vu Suiciden ugeet. Och alles dat muss ee matdenken, wann een Aschränkunge vun individuellen a kollektive Fräiheeten decidéiert.

D'Maskepflicht ass fir mech keen Aschnëtt an eng fundamental Fräiheet, déi ech erliewen. An ech fannen et erstaunlech, datt dat ëmmer erëm a Fro gestallt gëtt, net vun deene Leit, déi wierklech ënnert deem ... Also, eng Mask droen ass net agreabel, mee et gëtt komescherweis net vun deene Leit a Fro gestallt, déi aacht Stonne laang an hirem Job mussen eng Mask droen!

Ech hunn an der Lescht mat ville Gewerkschaftler geschwat, mat ville Personaldelegierten. Dat ass net hir Fuerderung, fir d'Maskepflicht ofzeschaffen! Dat sinn déi Leit, déi direkt dovunner betraff sinn, vun deem duerchaus desagreabele Gefill, eng Mask droen ze mussen.

Also ech mengen, datt mer musse proportional bleiwen, datt mer mussen déi individuell Verantwortung kucken, déi jiddwereen ze droen huet, well déi Mask schützt virun allem net ee selwer, mee déi Mask schützt déi aner an och

do just a bestëmmte Situatiounen, an datt mer dat och musse seriö huelen.

Mir si vill besser duerch de Summer komm, wat d'Zuelen ugeet vun eisen Hospitalisatiounen an och vun deene Leit, déi gestuerwe sinn um Virus, wéi dat souwuel d'Fuerschung virausgesot huet - woubäi iwwert d'Fuerschung, do kann een nach ganz vill soen an deem heite Kontext -, mee awer och, wéi een einfach konnt unhuelen, wann ee sech einfach nëmmen déi plakeg Zuelen ugekuckt huet.

Dat huet warscheinlech e puer Ursaachen. Et huet d'Ursaach, datt et effektiv Summer ass an datt am Summer allgemeng Longekrankheeten an Erkrankungen manner oft do sinn. Dat hu mer och gesot kritt. Dat soen och Wëssenschaftler. Eng genau Erklärung, firwat dat esou ass, wësse mer bis haut nach net. Et gi Spekulationen. Mee dat ass sécherlech een Element dovunner.

En anert Element, mengen ech, ass awer, datt déi Reegelen, déi mer eis ginn hunn als Gesellschaft, nämlech déi Geste-barriären, fonctionéiert hunn a groussen Zich, datt mer et nämlech och fäerdegbruecht hunn, déi wichtegst oder déi vulnerabelst Leit ze schützen, déi Leit, déi Virerkrankungen hunn, an déi Leit, fir déi et eventuell duerch hiren Alter méi geféierlech wier wéi fir anerer. Dat heescht, souwuel déi vulnerabel Leit hunn et fäerdegbruecht, sech selwer vlächgt besser ze schützen wéi am Ufank, wou iwwerhaupt näischt gewosst war, wéi awer och mir alleguer hunn et fäerdegbruecht, déi eeler Leit besser ze schützen, soudatt ech mengen, datt dee prinzipielle Wee, dee mer zu Lëtzebuerg ageschloen hunn, net falsch war. Ech mengen, datt e prinzipiell net falsch war.

Et ginn an der Ëmsetzung, de Claude Wiseler huet et „Holpregkeete“ genannt, an där ginn et der ganz vill. An iwwert déi kënnen a musse mer diskutéieren, iwwert déi Widderspréch. An doriwwer musse mer och kënnen net nëmmen diskutéieren, mee och Léisunge bei jeeweileg konkrete Froe bereestellen. An ech mengen, datt déi eenzel Oppositionsparteien dat och probéieren, konsequent ze maachen.

Dëst Gesetz gesäit awer entgéint dem generellen Trend an Europa éischter Kloeerstellung vu Mesuren, déi am Moment bestinn, vir, wéi datt et Aschränkunge sinn. Israel huet erëm e Lockdown. Wa mer kucken, wat a Spuenien, Frankräich geschitt, wou vill méi restriktiv Mesuren am Moment geholl ginn, dann hu mer et hei mat engem Gesetz ze dinn, wat verschidde Saachen einfach méi kloer mécht.

Den Isolement, deen dauert elo 10 Deeg, net well 10 méi eng ronn Zuel ass wéi 14, mee well wëssenschaftlech Erkenntnisser eis elo soen, datt 10 Deeg fir en Infizierten duerginn. Duerfir ass och gestrach ginn, wat virdrun drastoung, datt déi Mesure vu 14 Deeg souguer kéint zweemol verlängert ginn. Dat ass gestrach ginn, well mer et net brauchen. Dat heescht, vun enger Méiglechkeet, gesetzlech een 42 Deeg am Isolement ze halen, komme mer op 10 Deeg erof. Dat ass eng Kloeerstellung an dat ass e Fortschritt, an dat ass net liberticide!

Ech mengen och, an d'Madamm Lorsché huet dat richtig gesot, datt mer och driwwer diskutéiere mussen, wa mer mam Virus liewe mussen, ob mer net méi en differenzéierten Émgang mat der Quarantän brauchen, woubäi d'Disposition, datt een den Test elo nom sechsten Dag mécht an net nom fënneften, och d'Resultat ass vun neie wëssenschaftlechen Erkenntnisser no deem Wëssensstand, dee mer am Moment hunn.

Visiëren, an ech mengen, do huet d'Madamm Lorsché sech verhaspelt, déi sinn net verbueden, se si just net als Mondschtz adaptéiert. Si sinn awer net verbueden, well, an dat ass och wichteg, am Artikel 3 Paragraph 2 steet nämlech och notament drän, datt de Mundschtz jo de generelle Prinzip ass, mee et gëtt eng ganz Rëtsch Beruffer oder Beruffssituatiounen, wou et net méiglech ass, dee Mundschtz ze droen, a wou et duerchaus méiglech ass, aner adaptéiert Mesuren ze huelen. Dat waren nämlech och Froen, déi ech gestallt krut. An ech mengen och, datt dat wichteg ass ze soen, datt déi Leit, wou et aus beruffleche Grënn evident war, datt een net de Mundschtz kann unhalen, datt déi awer elo net do an eng aner Situation kommen.

Den Dateschtz ass weesentlech verbessert ginn. D'Réserve sanitaire ass opgestockt ginn. An d'Maskepflicht gëllt elo och net méi fir Leit mat enger Erkrankung, wou vum Droe vun enger Mask ofzeroden ass. Dat ass dach e Fortschritt par rapport zu där Situatioun, wéi mer se am Moment haten, an dat ass net eng Aschränkung vun individuelle Fräiheeten!

Iwwert d'Ëmsetzung, an do sinn ech ganz beim Claude Wiseler, do muss ee wierklech driwwer diskutéieren, iwwert d'Holpregkeet dovunner, iwwer Widderspréch, déi an deenen eenzelne Segmenter vun der Politik bestinn: an de Betrei-

ungsstrukturen an an de Fleege- an Altersheemer, an de Schoulen. An datt et do Widdergespréch ginn an datt do muss gekuckt ginn, andauernd weider och op Drock vun eis, vun der Opposition, datt Kniet geléist ginn, schéngt mer evident ze sinn.

Wann ech awer elo de Claude Wiseler richtig verstanen hunn, da plädéiert d'CSV éischter fir nach méi grouss Restriktionen. Well wann d'CSV gär hätt, datt punktuell Obligatiounen vu Masken am öffentliche Raum sollen agefouert ginn an datt d'Netanhalen nach méi haart bestrooft gëtt, da muss ee soen, op deem Spektrum: biergerlech Fräiheeten, Schutz vu Leit, wou beweege mer eis? Ass d'CSV der Meinung, datt d'biergerlech Fräiheeten éischter sollen nach méi ageschränkt ginn, wéi dat am Moment de Fall ass?

Ech mengen net. Ech mengen, datt mer eigentlech op engem relativ gudde Wee sinn an datt déi heiten Dispositionen, iwwert déi mer hei ofstëmmen, emol eng Kéier déi éischt sinn, wou ech wierklech ka soen: Et ass keng Disposition dran, mat där ech fundamental net averstane sinn! Am Géigendeel! Ech fannen, datt se Saache klären, datt se Saache méi kloer maachen. An duerfir wäerte mir als Lénk fir d'éischte Kéier déi dote Verännerunge vum Gesetz matstëmmen, ouni doduerjer awer eis Kritik, déi mer un aneren Dispositionen haten, opzeginn. Well hei sinn et positiv Verännerungen an engem holprengen Text. An déi positiv Verännerungen, déi stëmme mer mat. An duerfir soe mir jo zu dësem Text.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Marc Baum. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här Präsident, léif Kolleginnen a Kollegen, jiddweree vun eis huet am Fréijoer gehofft, datt mer am Hierscht net an d'Situatioun géife kommen, dëst Gesetz nach eemol verlängeren ze mussen. Mee mir wëssen alleguerten, datt d'Covidpandemie warscheinlech och nach an de kommende Méint den Alldag hei am Land an op der ganzer Welt präge wäert, a kommen duerfir net derlaanscht, haut fir eng Verlängerung vun de Precautiounsmesuren ze stëmmen.

Gradesou wichteg wéi d'Festhale vu gewëssene Reegelen ass et awer, den Impakt vun de Mesurë reegelméisseg ze evaluéieren. Mir Piraten bedauern duerfir, datt entscheet gouf, dëst Gesetz direkt bis zum Enn vum Joer ze verlängeren, amplatz den Text méi reegelméisseg all Mount, all annerhallwe Mount, elo wou d'Chamber erëm ganz operationell ass, der jeeweileger Situation unzepassen. Ech gi souguer dovunner aus, datt mer net fir d'leschte Kéier dëst Joer iwwert dat heite Gesetz geschwat hunn, well déi nächst Amendementen wäerte schonn iergendwou an der Maach sinn.

Wann de Verlaf vun der Pandemie eis nämlech bis elo eppes gewisen huet, da jo wuel, datt de Virus eis virun ëmmer nei Erausforderung stellt. Selbstverständlech steet et eis fräi, dëst Gesetz nach eng Kéier virum 31. Dezember ze modifizéieren, mee mir hätten eis gewënscht, datt de Legislateur hei vun Ufank un en Zeeche gesat hätt.

Déi rezent Rentrée vun de Schoullklassen huet gewisen, datt d'Bestëmmungen, déi d'Mise en quarantaine vu Persounen, déi positiv op de Covid-19 getest goufen oder engem grouse Risiko vun enger Infektioun ausgesat waren, nach net eenheetlech genuch sinn. Wann dëst Gesetz erlaabt, datt e Mecanicien, deen op der Aarbecht eleng an engem Raum u senger Maschin schafft, net méi dierf op d'Aarbecht goen, well en nom Kontakt mat enger kranker Persoun a Quarantän gesat gëtt, während e Schoulmeeschter an där selwechter Situatioun just obligatoresch e Mondschtz muss droen an trotzdeem weider viru verschiddene Klasse stoen dierf, da leeft eppes schif. Do feelt et u Kohärenz!

Wéi solle mir de Leit dobaussen erklären, datt et wichteg ass, d'Quarantänreegelen anzehalen, wann de Schoulmeeschter, de Proff, trotz Quarantän an d'Schoul dierf, jo, muss? Wéi léisst et sech erklären, datt d'Coursen och am Krankheitsverdacht weiderginn, während aner Leit emol net duerch den Drive-in vun hirem Supermarché dierfe fueren, fir sech eppes z'esse sichen ze goe während der Quarantän, ouni sech penale Konsequenzen auszesetzen? Et kann een net engersäits zu deenen enge Beruffsgruppe soen, datt de Virus ze vill geféierlech ass, fir aus dem Haus ze goen, an aner-



säits vis-à-vis vun den Enseignantë behaapten, e wär net geféierlech genuch, fir mussen doheimzebleiwen.

D'Leit wësse jo net méi, wat se gleewe sollen! D'Leit fille sech verluer! A genau esou Inko-härenze ginn deene Populisten, déi mat der Angscht vun de Leit hiert Geschäft maachen, Opschwung. Wéi soll een also dem Personal aus dem Enseignement d'Angscht huelen, schaffen ze goen trotz Infektiounsverdacht, wa se gesinn, datt aner Berufsgruppe strengstens doheem musse bleiwen? A wéi soll een de Leit, déi während der Quarantän just eng Kéier eleng mam Hond ronderëm de Block goe wëllen, vermëttelen, datt se dat net dierfen, während Profen an där selwechter Situatioun nach viru ganzen, jo souguer verschiddene Klasse stinn?

Hei muss elo esou séier wéi méiglech reagéiert ginn. An enger éischer Phas muss vu Regie-rungssäit aus kloergestallt ginn. An d'Antwort op d'Question parlementaire urgente vun der Madamm Hansen huet vläicht e bëssen dozou bäigedroen, mee net wierklech, well et ass dee Flou do. Et ass dee Flou do, datt anerer kéinte froen, individuell, wa se dann Interessi hätten, an da géif d'Santé dat evaluéieren.

Ma hei ass et elo wichtig, kloer Reegelen op-zustellen, kloer ze kommunizéieren, wéini d'Or-donnances de mise en quarantaine geännert ginn, Exceptionne kréien a wéini net. Well wann de Staat se eesäiteg just fir seng eegen Em-ployéen hält, während de Rescht vun der Ekono-mie muss als Bittsteller froe goen, fir vläicht eng Exception ze kréien, ouni ze wëssen, wéi déi Exception kéint ausgesinn, dann ass et eng gewëssen Inkohärenz, déi een net verstope kann.

An enger zweeter Phas muss mer dann awer derfir suergen, datt dat diskriminéierend Ver-hale vis-à-vis vun enger ganz spezieller Berufs-grupp ophält. Mir brauchen also, an ech wid-derhuele mech do, kloer Reegelen, wéini et Exceptionne ginn. Mir brauchen e klore Mes-sage: Deen an dee kann eng Exception froen an deen an dee ka se net froen.

D'Piraten gesinn duerfir de virleienden Text net als ofgeschloss an empfangen de Vott vun haut duerfir och just als eng Etapp um Wee, fir bei de weideren Adaptationsprozess weiderze-goen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer eis dësem Text elo nach e bësse méi konkret widme wëllen, gëllt et op alle Fall ze begréis-sen, datt et nei Dispositiounen gi fir Leit mat enger Behënnerung oder Persounen, déi ënner bestëmmte Krankheete leiden, wat de Port du masque betrëfft. Fir vill Leit bedeiten dës Zeilen eng grouss Verbesserung vun hirem Liewens-confort. Datt an dësem Passage vum Gesetzes-projet an enger éischer Fassung awer dovu ge-schwat gouf, Persounen mat engem Handicap oder enger „anerer“ Krankheet vun der Mas-kepflicht ze befreien, weist, datt et um Niveau vun der Opklärung iwwert d'Situatioun vu Per-sounen mat Handicap nach vill ze maache gëtt.

Dëse Feeler ass en exemplarescht Beispill derfir, datt Diskriminéierung hautdesdaags oft net mat engem bësse Wëllen, mee ganz einfach mat engem Mangel u Wëssen anhiergeet, an dat gëllt vis-à-vis vu Persounen mat Handicap geneesou wéi wann et ëm Rassismus oder Se-xismus geet. Dat ënnersträicht einfach, wéi wichtig Opklärungsarbecht an deenen Do-mänen nach ëmmer ass.

A wa mer bei de Maske sinn, da kommen ech net derlaanscht, fir awer dem Kolleeg Engelen nach ze äntwerten, dee jo gemengt huet, an Holland oder a Schweden, wou et keng streng Maskepflicht géif ginn, géif et esou vill besser goen. Ma, Här Engelen, kuckt lech d'Zuelen un! Lëtzebuerg huet glécklecherweis nëmmen - an dat sinn der nach ze vill! - 19,9 Doudeger op 100.000 Awunner. Holland, wat Der als Bei-spill zitëiert hutt, huet der 36,29, bal duebel esou vill. A Schweden, Schweden, dat Land, wat jo ëmmer als gréisste Succès genannt gëtt, wann et drëm geet: „Mir mussen d'Gesell-schaft komplett oppe loossen“, „Maskepflicht ass en Agrëff an eis fundamental Rechter“, an ech weess net wat fir e Brach nach zitëiert gëtt, Schweden, dat Wonnerland vun der Antimas-kebewegung: 57,3 Doudeger op 100.000 Awunner, dräimol esou vill wéi Lëtzebuerg!

A wann ech soen, datt 19,9 Doudeger op 100.000 der ze vill sinn, ma da gleeft mer, 57,3 sinn der vill ze vill! An dann dinn ech léiwer eng Mask un, wéi dräimol esou vill Doudeger mussen ze bedauern hei zu Lëtzebuerg.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir begrëssen an dësem Projet dann awer och nach, datt eng Präzisioun gemaach gëtt, wat

d'Plastikvisiëren ugeet, datt d'Quarantän un déi aktuell Fuerschungresultater ugepasst gouf an datt d'Lëscht vun de medezinnesche Beruf-fer, déi vis-à-vis vun der Pandemie kënnen mobi-liséiert ginn, erwidert ginn ass.

Wat d'Sammelen, d'Benutzen an d'Anonymi-séiere vun de Passagéierdaten aus dem Fluch-verkéier ugeet, hu mer awer gemëschte Gefil-ler. Selbstverständlech freeë mer eis, datt zulescht awer nach decidéiert gouf, eng Ano-nymiséierung ze maachen. Mee mir hu staark Bedenken, wat d'Transparenz hei betrëfft. Wann ee sech virstellt, datt een interesséierte Bierger sech dëst Gesetz duerchliet, da muss een dovun ausgoen, datt hien zum Schluss kéim, datt seng Daten aus dem Fluchverkéier 14 Deeg no hirer Erhiewung wäerten anony-miséiert oder geläscht ginn.

Dat ass awer leider nëmmen déi hallef Wou-recht! Anonymiséiert ginn nämlech just déi Daten, déi un d'Santé geschéckt ginn. Sämt-lech Informatiounen, déi iwwert de Passagéier aus sengem Fliger virleien, ginn nämlech wei-derhin op anere Plaze gespäichert a benotzt, an dat souguer, ouni iergendwa geläscht oder anonymiséiert ze ginn. D'Gesetz vum 1. August 2018, dat sech d'Preventioun an d'Repressioun vum Terrorismus zum Zil gesat huet, erlaabt et nämlech, Nimm, Gebuertsdeeg, Adressen, Fluchdonnéeën, Passnummern, Informatiounen iwwert d'Geschlecht, d'Reesagence a sou-guer d'Aart an d'Unzuel vum Gepäck ze späicheren, ouni eng zäitlech Limit vizege-sinn, wéini dës Donnéeë geläscht oder anony-miséiert misste ginn. Iwwregens kënnt et och vir, datt an deenen Donnéeën heiansdo derbäistee, mat wem een zesummen en Hotel gebucht huet, an nach e puer aner Donnéeën, déi nach vill méi wäit an d'Privatsphär ginn.

Datt en Deel vun dësen Donnéeën elo also nach eemol erhuewe gëtt an duerno op dem Computer vun der Santé anonymiséiert gëtt, ännert näischt dorun, datt iwwer all Eenzelen, deen an de leschte Joren an e Fliger geklom-men ass oder an Zukunft e Fliger hält, ganz de-tailléiert Daten op anere Servere vum Staat existéieren. Dat dierfe mer bei dëser Diskus-sioun net aus den Ae verléieren.

Wa mer eis am Kader vum Covid also Gedanke maachen, ob d'Zil, d'Infektiounskette besser nozevollzéien, proportional ass zur Aschrän-kung vum Recht op Dateschutz, da sollt dat eis en Denktouss ginn, fir doriwwer nozeden-ken, wéi et am Beräich vun der Terrorismusbe-kämpfung ausgesäit.

Während den Tracing am Kontext vum Covid nämlech zimmlech séier konkret Resultater liwwert, ass dat am Kader vun der Terrorismus-bekämpfung dach méi diffus. An trotzdem suerge mir eis am Moment doriwwer, ob d'Santé hir Donnéeën anonymiséieren oder pseudonymiséiere soll, während eis perséinlech Fluchdate vun anerer Säit scho laang ouni ier-gendwellech Limitatiounen gespäichert ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zum Schluss. Et war mer wichtig, haut op e puer Punkten opmierksam ze maachen, déi vläicht net direkt am Gesetz erwänt ginn, mee déi awer mam Sujet vum Gesetz ze dinn hunn.

Dëse Projet ass an eisen Aen nach net ofge-schloss. En ass genausou wéi d'Lutte géint de Covid nach „ongoing“.

Wann ech haut den Accord vun de Piraten fir dëse Projet ginn, da maachen ech dat net, well ech der Meenung sinn, datt mir mat deem vir-leienden Dokument déi ugeschwate Problemer ganz léise wäerten, mee mir maachen e klenge Schrëtt weider an déi richteg Richtung. Dëse Projet hält déi néideg Verännerunge vir a gëtt e puer Klarifikatiounen, déi dréngend néideg wa-ren, werft awer och nach weider Froen op. Trotzdem, e klenge Schrëtt ass besser wéi guer kee Schrëtt, an duerfir gi mir eisen Ac-cord.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Präsident*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Gudde Mëtteg alleguerten. Virop e grouse Merci fir unzefänken un d'Kommissioun, un d'Santéskommissioun. Mir hunn im-mens konstruktiv un deem Projet, deen haut zum Vott steet, kënnen schaffen. Dat ass eng flott Zesummenaarbecht gewiescht an ech wëll mech dofir bedanken.

Doriwwer eraus wollt ech och direkt am Ufank Merci soe fir dat villt Verständnis, wat vun alle Säiten opbruecht ginn ass an dëser Zäit. Keen hat geduecht, dass mer iwwer Wochen an iwwer Méint mat deem Virus hei geplot wäerte

sinn. Dat fuerdert ganz vill vun eis alleguerten, an ech si frou, dass d'Leit nach bei der Staang sinn.

E ganz besonnesche Merci och vu menger Säit an dëser kritescher Zäit - eng kritesch Zäit ass et, mir stinn an enger Rentrée, eis Zuele ginn an d'Luucht - un déi Leit, déi dee ganze Sum-mer iwwer geschafft hunn, intensiv geschafft hunn. Vill vun hinne hunn haut net dat gutt Gefill vun enger Rentrée. Nee, si hu riicht-duerch geschafft während hirer Vakanz, zum Deel d'Weekender. Si sinn och net wéi vill Lëtzebuurger elo brong gebrannt a konnten och net onbedéngt Vakanz doheem maachen. Si sinn éischer ausgebrannt. Hinne also wierklech e grouse, grouse Merci fir hiren Asaz, fir hir Ausdauer, well mir sinn nach ëmmer net derduerch. A mir wäerten och iwwert déi nächst Méint sécherlech ugewise sinn op eng gutt Zesummenaarbecht mat Leit, déi wierklech benevoll bei eis eriwierkommen an d'Santé, fir grad am Tracing dee Service weider kënnen ze assuréieren, dee mer dréngend brauchen an dëser Zäit.

Zum Projet selwer, en ass am Detail presentéiert ginn, do géif ech gären nach eng Kéier de Gesamtkontext ënnersträichen. Mir sinn an enger Pandemie, déi nach vill Ongewësseheet a sech biergt. Mir wësse vun Dag zu Dag e bës-selche méi. Mee ganz oft ass et esou, dass, wat ee méi kenne léiert vun eppes, wat engem och méi bewosst gëtt, wat een alles nach net weess. Am léifsten hätt een all d'Antworten do ronderëm dee Virus, mee et huet ee se net. Et deet sech vill a mir mussen och weiderhi ganz flexibel bleiwen. Och do e grouse Merci un d'Chamber fir déi Flexibilitéit, déi wierklech assuréiert war, well wann nei Erkenntnisser sinn, ass et fir eis wichtig, dass mer déi esou schnell wéi méiglech kënnen deelen an eeben och eis Mesuren a Fro stellen, fir zum jeeweile-gen Zäitpunkt wierklech ugepasst ze bleiwe mat deem, wat mer maachen.

Mir si vun eiser Säit aus beméit, an dat kënnt Der mer gleewen, déi Mesuren esou mann wéi méiglech invasiv ze halen. Et ass eng perman-ent Risikoeeschätzung. A keen an der Santé, dat kënnt Der mer gleewen, huet Freed dorun-ner, nei Mesuren en place ze setzen. Mir sinn alleguerten immens frou, wa mer dat heiten an de Grëff kréien, wa mer Normalitéit kréien. Mir sinn déi Éischt, déi eis dofir asetzen.

Allerdéngs, allerdéngs ass et ganz wichtig, wann een de Kontext kuckt, dass een zu ken-gem Moment aus den Ae verléiert, dass mer an enger Pandemie sinn, dass de Risiko, dass dat Ganz erëm eng Kéier opfleit, ëmmer nach do ass an dass ee muss virsiichteg bleiwen. Et muss een also en Equilibre fannen, fir net a Panik ze verfallen, fir net an Angscht ze verfallen, fir e klore Kapp ze behalen an anerersäits net sech dreiwen ze loossen, wann et während e puer Wo-chen ausgesäit, wéi wann alles am grénge Beräich wär.

Ech mengen, jiddwereen huet sech domadder schonn erwëscht, heiansdo denkt een: „Voilà, elo hu mer et gepackt. Elo hu mer et gepackt!“ An da kënnt erëm eppes. A wann Der d'Nou-vellé kuckt déi lescht Deeg, da gesitt Der, wat ech mengen. Dir hutt gesinn, de leschte Frei-den a Spuenien zu Madrid si ganz Quartieren erëm an e ganz brutale Lockdown zrëckgaan-gen. Et sinn iwwer eng Millioun, nee, net grad iwwer, awer bal eng Millioun Leit concernéiert, déi just nach kënnen erausgoe fir op d'Schaff, fir an d'Schoul a fir aner wierklech noutwendeg Aktivitéiten. Si si bei engem Taux de positivité vun 1.000 Fäll op 100.000 Awunner. Dat ass extreem. Dat erschreckt een. Dat weist, wat ka geschéien, wann eng Situatioun net wierklech am Grëff ass.

Dofir ass eist Zil - mir wëssen, dass mer dee Vi-rus net fortkréien an abseebarer Zäit! -, mee eist Zil ass et, en am Grëff ze behalen, en ze kontrolléieren. Wann een dat net méi kann as-suréieren, da gesäit een, wat ka geschéien.

Et ginn aner Beispiller. Ech huelen England, wou Der och gesitt, wou dat wierklech op d'licht Schëller geholl ginn ass vill ze vill laang, wou haut elo, ab der leschter Woch, erëm enorm Amenden op eemol ageféiert ginn, den décken Hummer erausgeholl gëtt, Amendé bis iwwer 10.000 Euro, wann een dat ëmrechent, fir een, dee sech net un eng Quarantän hält! Dat ass fir mech Sprangpressioun, dat ass iergendwéi hannerrécks-vijenzeg. Genau dat probéiere mer ze evitéieren. Dofir loosse mer eis heiansdo e bësselchen Zäit, éier mer d'Me-suren erëm a Fro stellen, fir dass mer och déi néideg Informatiounen virleien hunn, fir dat mat guddem Gewësse kënnen ze maachen.

Wéi gesäit et generell an Europa aus? Eeben net ganz besonnesch gutt am Moment. D'Zuele ginn erop. De leschte Stand elo op den 21. September, do gesäit een, dass d'Infek-tiounszuelen eropginn. Wann ech elo de Schnëttwäert huelen, gekuckt op zwou Woche wivill Infektiounen op 100.000 Awunner, läit

Lëtzebuerg zurzäit op véierter Stell. Wa mer dat op zwou Woche géife rechnen, si mer bei 147, op véierter Stell, no Spuenien natierlech, wou dee Schnëttwäert bei 300 am Moment läit, wéi gesot, 1000 bei deene Géigenden, bei deene Quartieren, déi impaktéiert sinn, awer generell 300. Duerno kënnt Tschechie mat 198, Frank-räich mat 192 an dann eeben am Moment Lët-zebuerg, wëssend dass bei deenen Zuelen, déi mer am Moment hunn, och e ganzen Deel Po-sitiver sinn, déi iwwer eng Ordonnance detek-téiert gi sinn. Et kann een et also net vereinfachen an alles an d'Schong vun engem Large-Scale-Testing schiben, deen och haut, an dat wësse mer, iwwerall awer promouvéiert gëtt.

Wa mer mat eppes, mengen ech, richtig lou-chen a Virreider waren, da war et mat vill tes-ten, mat där Strategie, déi mer hunn. Déi huet sech bewäert. Déi gëtt haut am Fong geholl empfuel an och nogemaach. Dat ass eng Rich-tung, wou déi aner Länner nozéien. Dat, fir just e Beispill ze ginn, contrairement zu enger Tra-cingapp. Déi war och ganz fréi am Gespréich. Mir hunn eis selwer distanzéiert dovunner. A wann Der kuckt, wéi elo do déi rezent Diskus-siounen lafen, ass dat ganz ëmstridden. Ech men-gen, do si mer effektiv mat eiser Teststrategie besser dru gewiescht.

Wéi gesäit et bei eisen Nopeschlänner elo aus? Ech hat elo de Ranking ginn. Mir sinn op Num-mer véier. D'Belsch leie bei 116, dat ass och net ganz gutt, Holland bei 109 Infizéierter op 100.000 an Däitschland, et muss een et leider zouginn, bei 25. Déi hunn nach e ganz, ganz gudd Score do. D'EU huet eng Moyenne, eebe generell zu dësem Zäitpunkt, op 14 Deeg gekuckt, vu 76.

Et ass also kee Grond, fir sech d'Lag hei schéin-zerieden. Mee am Ëmgedréiten ass et och kee Grond zur Panik. Mir hunn déi Situatioun nach am Grëff. Mir hu se iwwert de Summer ge-stäipt kritt. Et ass eropgaangen, mir kruten et agedämmt. Mir hunn um Niveau vum Tracing kënnen eis Delaien halen, fir d'Leit wierklech a kuerzen Delaien unzeruffen, och wa punktuell emol Deeg waren oder Phasen, wou déi Delaie vläicht e bësse méi héich waren. Dat sinn ëmmer déi eenzel Fäll, déi een dann natierlech begéint. Mee am Schnëtt sinn eis Delaie ganz gutt. Eis Labosresultater sinn och schnell. Do si mer am Moment bei enger Moyenne vu wier-kle 24 Stonnen. Dat ass am Verglach an der EU ganz gutt. An eis Leit um Tracing, am Schnëtt bannent de 24 Stonnen hutt Der déi um Telefon. Wuelverstane kann et ëmmer emol virkommen, dass op engem Dag en Enkpass ass, dass et anescht ass. Mee dat ass eis Moyenne, déi rechne mer och, déi interesséiert eis och. Dat ass eis net egal. Mir si permanent beméit, fir dee Service esou optimal wéi méig-lech opzustellen an och, wann Holpregkeete sinn, eebe justement un deenen ze schaffen.

Dofir géif ech och vläicht an der Intro nach eng Kéier grad och e Merci soen all deene Leit, déi sech d'Méi gemaach hunn, an deem Sondage, dee mer erausginn hunn, hir Erfarunge matze-deelen.

Villes war schéin ze héieren. Et schéngt, wéi wann eis Leit wierklech e frëndlechen Empfang bidden. Am grouse Ganze war dat gutt. Mee ech sinn och ganz dankbar fir déi kritesch Aspekter, déi erabruecht gi sinn. Et si vill Leit, déi hu sech d'Méi gemaach, wierklech opze-schreiwen, wat hire Wee war, wat vläicht net gutt gelaf ass, an och dat interesséiert eis selbstverständlech. Et ass dorobber, wou mer opbauen, fir de Service eebe kontinuéierlech ze amelioréieren, well mir wäerten en, och wa mer eis dat géife wënschen, esou bal nach net kënnen zrëckfueren.

Wéi eng Ännerunge stinn haut zur Debatt? Eigentlech séier weíeng Ännerungen. Grond-sätzlech bleiwe mer vusäite vun der Santé an och vun der Regierung der Meenung, dass mer ons Mesuren elo also weeder solle verschärfen nach oplockeren, well mer iergendwou eng Vitesse de croisière fonnt hunn a well mer och d'Gefill hunn, dass d'Leit sech hei ganz verstän-neg verhalten hunn.

Mir hunn Zenarie gezeechent kritt, déi vill méi schlémm ausgesinn hunn. Dat weist eist och, dass zu Lëtzebuerg d'Leit e verantwortungsbe-wosst Verhalen hunn, dass se op alle Fall an der grousser Majoritéit verstanen hunn, ëm wat et geet, wéi eng Geste se sollen an hiren Alldag integréieren, soudass mer zu dësem Zäitpunkt wierklech just Modifikatiounen proposéiert hunn, déi wierklech a Richtung vun enger kon-tinuéierlecher Amélioratioun ginn.

Ech mengen, et ass schonn am Detail gesot ginn: Wat geschitt, wann ech positiv getest ginn? Da ginn ech isoléiert. Dat ass eng tech-nesch Terminologie: Mir maachen en Ënner-scheid tëschent „Isolatioun“ a „Quarantän“. Dat sinn elo technesch Termen. Ech géif déi gären nach eng Kéier erklären, well et am Fong zwou verschidde Situatiounen gëtt.



Et gëtt zwou ënnerschiddlech Situatiounen. Déi éischt Situatioun ass déi, wou eng Persoun e positiven Test kritt. Dat heescht, si ass laut Test identifizéiert als Träger vum Virus. Dee Moment war bis elo d'Recommandatioun, fir dann automatesch eng Quarantän vu 14 Deeg duerchzezéien, wat mer eng „Isolatioun“ nennen. Dofir kënnt ganz oft e Melange vun de Situatiounen, well déi Terme jo fir dat eent a fir dat anert gebraucht ginn. Mee d'Reegel ass: Ee positiv Getesten, do hu mer och nach keng wëssenschaftlech Basis, fir deen éischer erauszeloossen.

Wat mer haut wëssen, ass, dass den Ustiechungsgrad vun där Persoun, déi positiv ass, wirklech signifikativ erofgeet nom zéngten Dag. Dat ass och international unerkannt. An dat huet ons du veruloost - mir hunn dat och selwer gesinn an eisen eegenen Daten, dass ganz weëne Transmissiounen nach duerno waren, a mir konnten eis dofir och rouege Gewëssens do alignéieren -, elo ze proposéieren, déi Isolatioun op zéng Deeg ze beschränken.

Et ass wichteg ze ënnersträichen, dass mir vusäite vun der Santé am Fall vun enger Isolatioun keen zweeten Test empfeelen. Déi Persoun ass positiv a mir hunn och nach, Stand haut, keng zolidd wëssenschaftlech Basis, déi eis et géif wirklech erlaben, eng nei Reegel ze erstellen, zum Beispill a Fonctioun vun der Charge virale, déi d'Persoun huet. Dat sinn Detailler, déi de Labo wuel huet. Do gëtt vill ronderëm gefuerscht. Mir suivéieren dat och mat ganz vill Interesse. Wa mer do bis eng Kéier wirklech eng zolidd Basis hu fir kenne festzesetze fir ee wéi fir deen aneren, dass ab enger gewëssener Charge virale kee Risiko méi do ass, da kann een dat gegebenefalls hannerdrun testen. Mee Stand haut ass bei eis d'Reegel de Programm, deen ofleeft: Et ass ee positiv getest an da lafen - bon, ab elo, wann dat heite Gesetz a Kraaft kënnt - déi zéng Deeg.

Deen anere Fall, deen zweete Fall, dat sinn déi Leit, déi preventiv an eng Quarantän ginn. Dat heescht, dat sinn déi Leit, déi eeben opgrond vum Tracing identifizéiert gi sinn, well se zu engem bestëmmten Zäitpunkt an engem Contact étroit ware mat enger Persoun, déi selwer positiv ass.

Dat heescht, déi Leit an der Quarantän si just preventiv isoléiert an alles, wat mer hinne wënschen ass, dass se net och positiv ginn. Dofir géif ech gäre kloerstellen, dass, wa Leit an der Quarantän sinn an dann herno net positiv ginn - dat sinn effektiv an déi 90 % -, dat näischt Anormales ass, well si si jo just preventiv isoléiert, well de Risiko besteet, dass se et kréien. A fir déi Transmissiounskette kënne preventiv ze brieichen, ginn déi Leit eeben eng Zäit isoléiert, mee si si selwer net Träger vum Virus. Dofir ass dat eng aner Situatioun au départ. An dofir ass an der Quarantän, wou een eeben net selwer positiv ass, mee just eventuell et kéint ginn duerch ee Kontakt, deen een hat, déi Méiglechkeet vun engem Test virgesinn ab engem gewëssenen Dag, fir da kloerzestellen, ob dat agetraff ass oder net.

Och do hu mer nei Erkenntnisser, déi weisen, dass den idealen Dag, fir dat feststellen, de sechsten Dag ass an net de fënneften, well awer nach vill Positivitéit sech kann nodréiglech weisen. Dofir hu mer proposéiert, dat no vir ze schiben. Dat heescht, ab dem sechsten Dag ass wirklech dee beschten Dag, wann ee wëllt esou sécher wéi méiglech sinn, eng esou grouss Probabilitéit wéi méiglech ze hunn, och wirklech keen ze verpassen. Dann ass dat deen Dag, dee sech ubitt, wëssend dass dat alles och keng Science exacte ass. Et ass eng Gauß-Courbe, fir déi, déi dat kennen. Et ass do, wou d'Courbe am héchsten ass, wou d'Probabilitéit am héchsten ass. Dat wëllt net soen, dass een et net virdru scho kann hunn an dat kann och net soen, dass een et duerno net kritt, mee déi gréissten Unzuel ass nun eeben emol do. An dofir hu mer et op deen Dag festgesat an och empfuehl.

Och wichteg nach eng Kéier ze rappeléieren, well do kréie mer ganz vill Froen derzou: Déi Quarantän vu siwen Deeg, déi ass „au départ“, déi leeft vun Kontakt un. Dat féiert mat sech, dass an der Praxis d'Quarantänen, déi gesprach ginn, am Fong geholl manner laang daueren, well et jo e gewëssenen Delai dauert, bis de Kontakt identifizéiert ass iwwert den Tracing. Also kann dat an der Zäit zrëckkleien. Dat heescht, déi Durée vun deene siwen Deeg, déi gëtt gerechent mam Point de départ vun deem Kontakt, dee festgehal gouf.

An der Moyenne sinn eis Quarantänen hei zu Lëtzebuerg dofir bei 4,3 Deeg. Dat ass relativ niddreg. Do sti mer och ganz gutt do, doduerjer dass mer och, an ech géif dat gären ënnersträichen, en informatiesche System hunn, wou mer déi Donnéeën vun de Kontakter dran hunn. Doduerjer kënne mer dat och systematesch esou maachen. Dat ass nach laang net an all Land de Fall. Mee bei eis, doduerjer, dass mer eis ganz fréi informatiséiert hunn am Service,

kënne mer dat esou handhaben, dass mer et wirklech reellement ulafe loosse vun deem Datum un, wou de Kontakt war, wat och zum Avantage vun de Leit ass.

Voilà, dat sinn déi Hauptneierungen, déi d'Leit och direkt concernéieren. Also, wéi gesot, an enger Quarantän besteet d'Méiglechkeet, ab dem sechsten Dag en Test ze maachen. Wann deen dann negativ ass - mat engem Délai moyen vu 24 Stonnen, wou Der normalerweis Aert Resultat kritt -, dann ass automatesch déi Quarantän um Gesetz hier opgehuewen.

Isolatioun am Géigenzuch, nach eng Kéier, dat heescht: Ech si positiv getest! Da sinn ipso facto zéng Deeg Isolement, déi ufalen. A mir recommandéieren am Fong vun eiser Säit net, do en Test ze maachen. Déi zéng Deeg, déi spillen esou oder esou, well dat deen Delai ass, deen eebe recommandéiert ass aus Sécherheetsgrënn oder Virsichtsmoosname fir ze berücksichtigen, dass nach eventuell eng Méiglechkeet eebe besteet, dach eppes weiderzeginn.

Voilà! Wat hu mer soss nach vu Mesuré fir d'Leit elo direkt? Et sinn effektiv, et ass vill ugeschwat ginn, d'Donnéeën vun de Fluchpassagéier, do ass d'Fro gestallt ginn: „Firwat reglementéiere mer dat net nach méi detailléiert, wéi d'Belsch et hunn? Firwat si keng Sanktiounen do?“ Majo, ganz einfach: Mir hunn an der Praxis keng Problemer domadder gehat! Mir hunn déi Fluchdate ganz onproblematesch kritt. Mir haten do eng gutt Zesummenaarbecht. Mir hu leedeglech elo proposéiert, dass mer se d'office kréien, well dat eis Zäit spuert. Virdrun, am Gesetz, wéi et bis elo géillt, hu mer dat missen ufroen, an aleng den Exercice, fir et mussen unfroen an dann ofzemaachen, huet awer heiansdo e puer Deeg kascht. A mir wëssen, dass déi Zäit wirklech immens wichteg ass, fir eebe schnell kënne Kontakt mat de Leit opzehuelen.

Fir de Rescht, muss ech wirklech soen, leeft dat wonnerbar. A mir gesinn net an, dat ass och eis Attitud an esou Saachen, dass mer eppes reglementéiere ginn, wat u sech gutt leeft. Mir hu scho genuch Reegelen a Contrainten, ech si frou, wa mer et kënnen op déi beschränken, wou mer et wirklech brauchen. An déi Saachen, wou mer gesinn, dass et absolut vernünfteg a gutt leeft, do hu mer eigentlech d'Tendenz, dat dann och esou lafen ze loosse.

Dann ass ugeschwat ginn d'Durée vun den Donnéeën. Och do ganz kloer: Wa mer gesinn, dass mer déi Donnéeën net méi laang brauchen wéi eng gewëssen Zäit, si mir och absolut bereet, déi Durée erfzesetzen! Dat ass de Fall fir déi Donnéeën ronderëm d'Fluchpassagéier. Et ass wichteg, dass mer se kréien, fir dass, wann e Problem op engem Vol ass, mer einfach net nach Zäit verléieren, fir déi mussen unfroen, dass ee ka schnell drop schaffen. Allerdéngs brauchen mer se definitiv net méi wéi 14 Deeg. Dat ass guer näischt, wat mer revendiquéieren, soudass mer dat wirklech kënne beschränken. Ech mengen, et soll ee mat den Donnéeën effektiv sech op dat limitéieren, wat wirklech néideg ass.

An am selwechte Sënn gi generell d'Donnéeën, déi mer halen, dräi Méint nodeem se eebe kollektéiert gi sinn anonymiséiert, fir de Leit och do eng Sécherheet ze ginn. Dat ass eng gutt Saach. Mir brauchen se och net méi laang. Mir hunn eng Méiglechkeet, generell fir Fuerschungszwecker Donnéeën nach kënnen ze benotzen, mee dat stellt sech elo hei net direkt.

Dann och d'Visière, dat war wichteg, dat ze preziséieren: Eng Visière ass am Fong geholl nach ni e Mondscht gewiescht. Et kann en Equivalent si fir Leit, déi vläicht kee Mondscht kennen undoen. Mee eng Visière ass, wéi d'Wuert et seet, e Schutz virun den Aen. A well dat awer an der Praxis agerass ass, hu mer et fir gutt fonnt, dat wirklech nach eng Kéier ze preziséieren. Mir wäerten dat och weiderkommunikéieren. Dat ass och vum Secteur, notamment an der Horeca, esou gesinn. Dat dierft kee Problem sinn, fir dat och nach weider do ze verbreeden, wou et vläicht nach net ukomm ass. Dat ass u sech och näischt Neies, et ass just eng Kloerstellung, déi awer wichteg ass an am Sënn vun de Leit ass.

Voilà! Wat huet elo net geännert? Ech hat et scho gesot: Déi generell Reegelen, mir sinn der Meenung, dass et net ass, fir déi elo ze verschärfen. Och d'Sanktiounen, do si mer der Meenung, dass ee se net soll verschärfen. Et ass extreem wichteg, dass mer d'Leit mat u Bord halen. Mir hu gesinn, dass dat ka ganz vernünfteg goen zu Lëtzebuerg. Mir hunn dat bis elo ganz gutt gepackt a mir sinn och der Meenung, dass mer eis elo déi néideg Gedold musse ginn, fir dës Rentrée ofzemaachen.

Eng Rentrée ass e kritesche Moment. Dir erënnert lech, dat ass dee kritesche Moment tout court, dee jiddwereen eis virausgesot huet. Ben, dee steet eeben elo un a mir mussen do derduerch a mir mussen effektiv e weëne Gedold opbréngen, elo déi zwou, dräi Woche waarde fir ze kucken, op déi Reegelen, déi

mer fir d'Rentrée hunn, wirklech duerginn, ob ee se kann oplockeren oder net.

Ech géif och déi Informatioun ginn, well Amen-den eppes sinn, wat och vill ëmstridde war - mir hu jo eng Rei Amendé virgesi gehat am Gesetz: Stand haut hu mer insgesamt vun der Santé aus 102 Etablissementer eng Amende ginn, déi sech eeben net un d'Bestëmmunge gehalten hunn. Dat ass haaptsächlech aus dem Horeca-Secteur. Vun deenen 102 Etablissementer sinn der 22 derbäi, déi e puermol Client waren an och deemno méi héich Strofe kritt hunn. A mir hunn och entre-temps eng Rei Dossiere weiderginn un de Mëttelstandsminister, dee jo och nach aner Méiglechkeeten huet, fir nach méi sec do duerchzegräifen, wann et da muss sinn. Mee Dir gesitt, dat hält sech alles in allem a Grenzen.

Wat d'Recoursen ugeet, ass sech vill d'Fro gestallt ginn: Wéi ass et mat der Akzeptanz? Wat huet een als Indicateur vun der Akzeptanz? Ben, een Indicateur ass sécherlech, wivill Recoursen eragereecht gi sinn. Dir wësst, dass an anere Länner op alle Fall de Santéminister méi uewen ass an der Hitparade op de Verwaltungsgerichter. Ben, ech si frou, dass dat hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass.

Mir hunn insgesamt zwee Urteeler elo eréischt kritt säit Ufank vun der Pandemie, zweemol am Fall vun Amenden. En éischt Urteil ass de 7. August komm. Do ass et ëm eng Amende vu 4.000 Euro gaangen, déi ass bestätegt ginn tel quel. An net méi spët wéi gëschter, den 21., ass en zweet Urteil komm, wou d'Amende lichter erfogest ginn ass. Do ware mer justement am Fall vun enger Recidive, wou ech als Santéministesch d'Decisioun geholl hat, op de Maximum eropzegen direkt, fir och en Zeechen ze setzen. Do ware mer op déi 8.000 Euro eropgaangen, an dat ass elo gëschter vum Verwaltungsgericht reforméiert ginn an deem Sënn, dass déi Amende op 6.000 Euro erfogest ginn ass, awer vum Prinzip hier net a Fro gestallt ass.

Nieft deenen zwee Recoursen hu mer nach en drëtten, dat wäert en éischte sinn a Saachen Isolement, dee gëschter, mengen ech, eragereecht ginn ass. Bis elo hate mer nach soss kee Contentieux dorobber. Ech verstoppen lech awer net, dass d'Contestatiounen ufänken eropzegen. Mir hunn iwwert déi lescht zwou Wochen an der Direktioun an och am Ministère verstärkt Leit, déi wirklech d'Raison d'être vun der Quarantän a Fro stellen, déi och selwer dann Tester maache ginn, oft schonn zu engem fréien Zäitpunkt, wou et nach net wirklech pertinent ass. Dat spiere mer, dass dat eropgeet. Ech mengen, dat huet och domadder ze dinn, dass d'Rentrée virun der Dier steet, dass d'Leit es och lues a lues genuch hunn. Ech mengen, dat ass ganz contraignant. De Präis, eisen Testing an Tracing huet als Präis, dass eeben dach awer relativ vill Quarantäne gesprach ginn.

Do kucke mer am Eenzelfall wirklech, bon, éischters emol nozekucken, ob alles riicht gelaf ass um Dossier. Mir haten, an dat verstoppen ech lech och net, mir haten elo zweemol d'Situatioun, wou Problemer an engem Labo waren, wou mer falsch Resultater haten. Dat ass eppes, wat generell net auszuschléissen ass, och an anere Beräicher. Mir haten et och hei. Mir haten eng Kéier eng Serie vun zéng falsch Positiven, wou mer och deementspriedend natierlech d'Leit kontaktéiert hunn an dat richtigestallt hunn. An elo ganz rezent war eng Serie méi, eng zweet Serie, wou 26 Resultater falsch waren, wou mer natierlech och deementspriedend nogetest hunn, d'Leit informéiert hunn. Dat ass esou gesinn awer eisen Alldag. Dat ass och eis Aufgab, wa Contestatiounen sinn, eis dorëms ze këmmen. Mee wéi gesot, ofschléissend, um Geriicht ass an där Hisiicht näischt gelangt.

Mir hunn och iwwert de Wee vum Mediateur - d'Claudia Monti als Ombudsfra ass jo och do, fir de Bierger nozelauschteren, wa Problemer sinn - Stand haut nach keng eng Reklamatioun kritt, soudass ech an där Hisiicht, vun deem Point de vue aus, och relativ zefridde sinn.

Mir sinn also ofschléissend der Meenung, dass ee soll am Moment ofwaarden. Mir hu gutt Mesuren. Si sinn equilibriéiert. Et ass net de Moment, fir elo ze straffen. Dovunner si mer iwwerzeegt. Dofir och déi Fro, déi gestallt ginn ass fir nach méi eng streng Maskepflicht: Ech gleewe perséinlech net dodrun. Et huet ee gesinn, wat dat mat sech bruecht huet. Frankräich huet missen zrëckrudderen, wéi op eemol an der Paräiser Géigend gesot ginn ass, d'Maskepflicht war iwwerall, um Vëlo, beim Lafen - ben, d'Leit akzeptéieren dat net. Ech mengen, dass dat konterproduktiv ass. Et soll ee rasonabel bleiwen.

An dann, zu der Applikatioun ass Stellung geholl, ech mengen, do hu mer eist derzou gesot. Da waren nach zwou Froe gestallt ginn, déi ech just vläicht nach wollt kuerz beäntweren. Si sinn net direkt am Kontext vum Gesetz hei. D'Josée Lorsché huet gefrot: „Wéi ass et mam Personal am Flegesecteur?“ Ben, déi sinn am Large-Scale-Testing 1 couvriert gewiescht. Déi

gi reegelméisseg getest. A selbstverständlech, och am Large-Scale-Testing 2 sinn déi Leit als Secteur identifizéiert, an do sinn d'Reseaux genauso derbäi wéi dat stationäert Fleegepersonal, wann ech dat esou ka soen. Dat ass op alle Fall ofgedeckt.

Da war nach eng Fro zu den Enkpäss mat de Vaccinen. Do géif ech de Claude Wiseler vläicht verweisen op eng Question parlementaire. Ech weess, et sinn der ganz vill, et ass eng vun 227, déi mer kritt hunn, säit d'Pandemie amgaangen ass. Mee d'Question parlementaire 2439 misst lech Ar Äntwert dorobber ginn. Déi ass vum Juni gewiescht. Ech muss ganz éierlech soen: Ech hu selwer och net méi den lwwerbléck, mee meng Leit hu mer dat elo geschriwwen, soudass déi Fro u sech beäntwert ass.

Voilà! Dat war et vu menger Säit. Da géif ech lech Merci soen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci der Madamm Gesondheetsministesch. Parole après ministre fir d'Madamm Hetto, wannechgelift.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Jo, villmools merci, Här President. Madamm Minister, ech wëlt wirklech profitéiere vun der Geleeënheet, wou Der hei sidd. Den Här Wiseler huet lech eng ganz Partie Froe gestallt, wat d'Veräiner, wat d'Gemengen ubelaangt, déi einfach drop waarden, dass se vun lech kloer Consigné kréien, wéi se mat hire Veräiner ëmginn, wéi se mat hiren Hall-sportiffen ëmginn, wéi déi kënne genotzt ginn, wien dat muss botzen, wien duerfir opkënn. Souwuel Buvetté wéi Hallen, fir lessen a fir Drénken, do waarden d'Veräiner drop, Äntwerten ze kréien! An d'Gemenge si wirklech schlecht drun.

Ech mengen, et si relativ vill Gemengeresponsabeler heibannen, déi sech vläicht déi Fro stellen: „Loosse mer eis Veräiner lessen zerweieren, wa se d'Dëscher auserneeestellen?“ Do géif ech emol soen, a priori: „Jo.“ D'Madamm Minister huet mir erkläert: „Nee, well mer do am Privé sinn!“ Wa mer awer do am Privé sinn, dann därefer mer, wannechgelift, d'Buvetten awer och net notzen. An dat si lauter esou Saachen, déi net kloer sinn. Duerfir wär ech frou, wann einfach géife vum Ministère aus kloer Consignen erausgoen un all d'Gemengeresponsabel, wou ee sech kann drun halen, wou ee ka fiabel Informatiounen weiderginn.

Dat war am Fong geholl d'Demande, déi mir haten a wou mer elo d'Äntwert eigentlech net kritt hunn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Hetto-Gaasch. Dann nach Parole après ministre fir den Här Mosar, wannechgelift.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, merci. Merci och der Madamm Ministesch fir déi ganz detailléiert Erklärungen, déi se hei ginn huet. Allerdéngs ass op eng Fro nach net richtig geäntwert ginn, déi mäi gudde Kollege Claude Wiseler opgeworf huet a wou elo och eng Rei Leit dermat konfrontéiert sinn.

Et geet a sech hei net ëm Leit, déi a Quarantän geschéckt gi sinn, well se a Kontakt ware mat aneren, mee et geet wirklech ëm Leit, déi positiv getest gi sinn, déi awer kuerz no hirem éischten Test innerhalb vun een, zwee Deeg en aneren Test maachen, deen dann negativ ausfällt. An dee Fall, deen ech erkläert kritt hunn, do si souguer zwee Tester gemaach ginn, an déi zwee Tester waren allen zwee negativ. Anscheinend hunn déi Leit dunn awer gesot kritt, si misste virun an der Quarantän bleiwen. An dat ass eppes, wat een och just schwéier kann akzeptéieren.

Duerfir wollt ech nach eng Kéier hei vun der Ministesch wëssen: Wann Dir en présence vu contradictoiren Tester sidd, wou awer déi leschtgemaachten Tester negativ sinn, wéi gitt Der do vir? An Dir sidd Juristin, Madamm Minister, menger juristescher Interpretatioun no ass dee leschten Test deen, deen zielt. Ass deen negativ, dierft also déi Persoun en conséquence de cause net méi weider an der Quarantän musse bleiwen. Et kënnt en plus derbäi, datt déi Leit jo hei keen Droit de recours hunn, dat heescht, déi stinn einfach do an da musse se kucken, datt se eens ginn.

Et gëtt mer, wéi gesot, gemellt, datt elo eng ganz Rei Leit - an do schéngen och e puer Affekoten derbäi ze sinn - esou getest gi sinn, soudatt ech souwiso unhuelen, datt dat dote warscheinlech och nach en Nospill kritt. Mee ech mengen, dat ass och eng wichteg juristesche Fro, an ech wär frou, wann Der eis déi nach kéint beäntweren.

Merci.



► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mosar. Da ginn ech d'Wuert zrëck un d'Regierung, d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Jo, ech sinn op d'Rassemblementer net am Detail agaangen, well do jo keen neie Moment ass. Haut sinn um Ordre du jour Gesetzännerungen, wou dat doten u sech keen neie Moment ass. Ech huelen dat awer gäre mat heem an d'Direktioun, well ech weess, dass den Dokter Schmit dagdeeglech a Kontakt ass mat Organisateuren, hinne mat Rot an Dot zur Säit steet, fir hinnen ze hëllefen, hir Eventer ze organiséieren.

Mir wäerte fir den Hierscht nach eng Kéier nei kommunikéieren, opgrond justement vun deene ville Froen, déi sech stellen, fir nach eng Kéier wierklech kloerzestellen, wéi d'Mesurë sinn. Et läit wuel schonn eng Zäit zrëck, wou se festgehale gi sinn. Mee och d'Praxis weist natierlech, wou d'Fro sech stellen. Dat ass eppes, wou mer dru schaffen, fir an deenen nächste Woche wierklech nach eng Kéier grad op deenen dote Punkten, déi Der och an der Chamberskommission schonn ugeschwat hat, um Niveau vun der Kommunikatioun nozebesseren. Mee wéi gesot, eng Ännerung vun de Mesurë selwer ass haut net um Ordre du jour gewiescht, dofir sinn ech och elo net dorobber agaange gewiescht.

Wat den Test ugeet: Jo, als Jurist géif ech dat och esou gesinn. Ech hu mer allerdéngs vun eise Medezinner erkläre gelooss, dass do schonn en Ennerscheid ass. En negativen Test ass net de Beweis, dass den Test virdu falsch war. Well ech kann den Dag X nach positiv gewiescht sinn, also nach eng gewësse Charge virale gehat hunn, déi den Dag drop eventuell méi schwach ass, soudass den Test et net méi uweist. Dat ännert awer näischt un der Tatsaach, dass et den Dag positiv war. Da leeft u sech, an dat ass d'Recommandatioun, do hu mer keng nuancéiert Politik hannendrun, den Isolement do, wou mer vun engem Positive schwätzen.

Ech muss lech awer soen, dass, wa mer mat esou Situatiounen konfrontéiert ginn, mer au cas par cas nokucken, well et awer ëmmer eng Méiglechkeet vun engem „faux positif au départ“ gëtt. Mee deen ass net bewisen doduerjer, dass en negativen Test do ass. An an esou enger Situatioun gëtt dat vun eise Leit am Detail gekuckt. Si huelen och Kontakt mat de Laboratoiren op. Dat kënnt vir, reegelméisseg. An da falen natierlech esou Saachen op wéi déi zwou Serien. Bon, eng Serie hate mer och direkt vum Labo selwer signaléiert kritt.

Mee et ass eeben notament an esou enger Situatioun, wou dann am Detail d'Laboanalys gekuckt gëtt. An déi ass net just schwartz a wäiss, do si vill Parameteren dran. An da gi vun de Fachleit, an dat sinn net ech, dat si wierklech d'Fachleit, eeben déi Analysen dann nach eng Kéier gekuckt, souwuel an der Direction de la santé wéi och an de Laboen, fir wierklech ze kucken, ob mer et hei mat engem falsche Positiven ze dinn hunn oder mat eppes, wat sech an der Zäit esou entwéckelt huet, dass et nach op deem engen Datum positiv war an duerno net méi.

Mee et ass eng grondsätzlech aner Situatioun wéi an enger Quarantän, wou d'Persoun jo au départ net positiv ass, mee just ënner engem Risiko läit, dass se eventuell et gëtt. Do ass dann de Mechanismus deen, an dat soe mer jo och selwer iwwert d'Gesetz, nom souvillten Dag: „Macht en Test, a wann deen dann negativ ass, da wësse mer, dass Der et net gi sidd!“ Während bei engem Positiven d'Risikoabschätzung eng aner ass. Do gëtt eeben international virginn, dass déi Persoun, wa se um Dag X positiv war, och wa se et duerno vläicht net méi ass, eeben nach während engen zéng Deeg e gewëssene Risiko mat sech bréngt, et weiderzeginn. Mee dat ass eng ...

(Brouhaha)

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- ... technesch Interpretation.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... Madamm Minister! Dir sidd Juristin: Am Droit gëtt et net en hallef vollt Glas an en hallef eidelt!

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- An der Medezinn schonn.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Wann hei en Test virläit, et deet mer leed, deen negativ ass, dee souguer zweemol negativ ass, mengen ech, ass et keen Argument, fir do e Mënsch nach an enger Quarantän ze loossen. Dat versteisst géint elementar Grondrechter. Et deet mer leed, Madamm Minister!

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- A wann ech vläicht kéint ..., ech war nach net fäerdeg, well Dir hat nach en Zousaz an där Fro. Dir hutt gesot: „Do gëtt et kee Recours.“ Do gëtt et e Recours, a mir wäerten och elo d'Geleehheet hunn, d'Gericht wäert sech eng éischte Kéier mat esou engem Fall elo musse befaassen. Selbstverständlech gëtt et e Recours. E Recours gracieux ass ëmmer méiglech. Mir hunn där an deenen dote Fäll reegelméisseg, wou mer Fäll nokucken, wou och Quarantänen oder Isolementer erëm opgehuewe ginn, wann et sech erausstellt, dass et wierklech „faux positif“ war.

A fir Är Fro ze beäntweren: Do wäert och dat zoustänneg Geriicht - an dofir ass e Geriicht do - nokucken, ob déi Decisioun justifiéiert war oder net. Mee do wäert Der lech kënne an deenen nächsten Deeg dann drop astellen, dass do en Urteil kënnt. Dat wäert eis dann och Opschluss ginn zum juristesche Rasonement, deen do ronderëm wäert geféiert ginn.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Ministesch. An dann hunn nach d'Wuert gefrot gehat: den honorabelen Här Claude Wiseler an dann den Här Gilles Roth.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Hei ass jo ..., also d'Fro war wierklech net, ob e falsche positiven duerch en negativen Test duerno als falsch positiv bewise gëtt. Hei sinn d'Saachen, mengen ech, relativ kloer gewiescht. Dat war een, dee positiv war, deen asymptomatesch ass, dee getest ginn ass, a warscheinlech - zimmlech sécher ass et esou - ass seng Infektioun viru sechs, siwen, aacht Deeg scho geschitt. Dat heescht, dräi Deeg duerno ass en negativ getest ginn. A fir deen dann nach 10 oder 14 Deeg, elo 10 Deeg, zousätzlech an der Quarantän ze halen, fanne mir awer duerchaus eng Aschränkung vun der Fräiheet, déi net justifiéiert ass.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Wann Dir sot: „Et gëtt en Asproch hei, et gëtt e Recours hei“, da gëtt et sécher wéi bei all administrativer Decisioun en administrative Recours. Mee just, ier dee vidéiert ass, ass déi Saach schonn total iwwerflësseg!

► **M. Roy Reding** (ADR).- An eng Indemnisation, an eng Indemnisation!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- An dofir wär et wichtig, dass ee kéint direkt bei der Direction de la santé Asproch erhiewen an dat do géif de Fall analyséiert ginn, fir dat esou schnell wéi méiglech kéint déi Quarantän oder respektiv deen Isolement hei opgehuewe ginn. Dat ass dat, wat mer wichtig schéngt.

Da wollt ech awer nach preziséieren iwwert déi Maskepflicht dobaussen, well Der gesot hutt, d'Ausland hätt schlecht Erfarunge gemaach notament mat Maskepflichten dobaussen, wann et sech ëm d'Vëlofueren an ëm d'Lafe géif handelen - dat kann ech duerchaus verstoen -, do wëll ech awer just hei, fir dat dat kloer ass, preziséieren: Dat ass och net dat, wat mir gefrot hunn! Mir hu strictement net dat gefrot.

Mir hu gefrot, dass eng Maskepflicht dobausse soll sinn, wa Rassemblementer sinn, wou 20, 30, 40, 50, 100 Leit heiansdo beienee sinn, ouni Distanz anzehalen, an do op der Wiss oder am Park oder op der Spillplaz Fester feieren oder bei engem Takeout an enger File stinn, wou der 30 hannerneestinn ouni iwwerhaupt eng Distanz an iergendeng Securitëit. An do schéngt et eis awer sanitär ubruecht, fir esou eng Moosnam kënne virzeschreiwen an ze huelen. Fir dat anert fannen ech et souwisou iwwerflësseg, beim Lafen a beim Vëlo, well dat net geet. Mee déi heite Moosnam fannen ech realistesch an ech wëll se och als Proposition vun der CSV richtig verstane wëssen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wiseler. Dann hat den Här Roth d'Wuert gefrot.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Ech kann no deenen Interventiounen, déi gemaach goufen, ganz kuerz sinn. Ech muss awer ganz éierlech soen, dass mäi Rechtsverständnis awer do e bëssen a Fro gestallt gëtt. Wann ee seet: „Ech sinn negativ“, an eng administrativ Decisioun - hei ass et jo emol net vun engem Geriicht, hei ass eng administrativ Decisioun -, da seet déi: „Obschonn Der negativ sidd, musst Dir weider a Quarantän bleiwen an Dir hutt domat Är Fräiheet entzunn“, dat ass eppes, woumat ech mat mengem Rechtsversteedsdemech net kann eens ginn. An ech muss och ganz éierlech soen: Wéi wëllt dee Mënsch sech dann dogéint wieren? Bis dass dee Recours vidéiert ass, bis dass en iwwerhaupt emol plädéiert ass, bis dass en Urteil do ass, mee do ass déi Zäit jo scho längst ofgelaf!

Hei geet et jo net einfach ëm eng Saach vu „Bleif doheim!“. Hei ass et eng Aschränkung

vun enger Fräiheet, vun engem elementare Mënscherecht. An ech mengen, dass een net esou liichtfankeg domadder kann ëmgoen. A mir deelen op jidde Fall déi Approche, déi hei vun der Regierung vertruede gëtt, net.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Roth. An da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier weider un den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, dat hei schéngt eis och esou wichtig ze sinn, dass mer och d'Stëmm vun der ADR hei bei déi Kommentare wëllen derbäifügen, déi sech opreegen iwwer eng Grondrechtsverletzung, déi awer hei geschitt. Mäi Kolleg Jeff Engelen huet a senger Interventioun gesot, dass mir dëst Gesetz net matstëmmen, well mer gesinn, dass d'Grondrechter verletzt ginn. Hei ass och e gutt Beispill vun enger administrativer Willkür. Mäi Kolleg Roy Reding huet et an engem Tëscheruff elo just gesot: Wat geschitt da mat deene Leit? Hunn déi dann net och eng Indemnisation zegutt fir déi Verloschter, déi se eventuell erleide während där Zäit, wou se eeben duerch eng administrativ, reng willkürlech Moosnam mussen doheem bleiwen?

Ech mengen, en negativen Test ass en negativen Test. Et ass traureg, dass eng Ministesch seet: „Jo, dat ass eng juristesche Prozedur.“ Si ass verantwortlech fir eng Administratioun, fir e Ministère, an et ass un hir fir ze kucken, dass an engem Ministère net esou Decisiounen geholl ginn. Dat ass eng Verantwortung, déi si net kann an net soll un e Geriicht ofginn, mee selwer huelen.

Mir hunn op jidde Fall eng kloer Positioun: D'Verdedegung vun de Grondrechter bedéngt, dass mer aner Gesetzter hu wéi déi do, besser Gesetzter, déi d'Leit besser protegéieren, net nëmmen a medezinnescher Hisiicht, mee och an hirer juristescher Integritéit.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert zrëck un d'Madamm Gesondheetsministesch.

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Jo. Ech wëll just drop hiweisen, dass och en Isolement aus medezinnescher Siicht eng preventiv Moosnam ass. An d'Recommandatioun ronderëm den Isolement, deen net mat enger Quarantän ze verwiesselen ass, ass nun eeben emol vun der WHO op europäescher Ebene, fir eng gewëssen Durée duerno sécherzestellen. Dat wëllt net soen, dass déi Persoun déi ganzen Zäit do wäert positiv sinn. Et ass just esou: Well se un engem gewëssene Stéchedatum positiv war, gëllt als preventiv Moosnam e gewëssenen Delai, deen ze respektéieren ass.

(Interruptions)

An dat, wat ech nach wollt - wann Der mech wëllt ausschwätze loossen! - soen: Selbstverständlech huele mer eis Responsabilitéit. A mir hunn all Woch Leit, déi sech un eis wenden. A mir hiewen och Mesuren op, wann iergendwou eppes schiffléit oder et ass e Beweis do iwwer zum Beispill eng Analys vum positive Resultat, wat ambigu war, wou en negativen Test nokënnt. Da komme mer selbstverständlech vum selwen op eis Decisioun zrëck. Dat ass eppes, dofir brauche mer kee Gesetz. Dat ass en normale Rechtsprinzip an der Verwaltung, dass ee sech ëmmer kann un d'Autoritéit wenden. Wann een en Zweifel huet un enger Decisioun, kann ee sech un den Direkter wenden, deen d'Decisioun geholl huet, mee och un de Ministre de tutelle, wat ech da sinn. Där Fäll hu mer dagdeeglech, a mir hiewen dat an deem Fall och op.

Fir d'Fro vun der Indemnisation unzeschwätzen: Ech mengen, do zielen ech lech och näischt Neies, dass een hei zu Lëtzebuerg, wann ee géif beim Verwaltungsgeriicht da gesot kréien, dass do d'Recht verletzt gouf an där Appreciation, déi gemaach gouf, dann huet ee selbstverständlech eng Ouverture, fir dann op zivillem Plang de Staat unzesichen an eng Indemnisation ze froen. Och do spillt déi ganz normal Gesetzgebung hei zu Lëtzebuerg. Dat gëllt fir all Décision administrative, déi annulléiert gëtt. Net automatesch, mee wann de Staat do am Onrecht war, ben, da muss en op zivillem Plang dofir richtstoen.

Regrettabel ass vläicht haut nach, mee dat gehéiert net heihinner, dass ee muss zwee Rechtsweeër aleen. A Frankräich kann een dat an engem Prozess ofwéckelen; mee dat ass eng aner politesch Consideratioun.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci der Madamm Gesondheetsministesch. D'Diskusioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7645. Wéi de Rapporteur eis

schonn drop opmierksam gemaach huet, ass en neien Artikel 9 derbäigesat ginn, deen d'Akraaftriede vum Gesetz op den Dag vu senger Publikatioun festleet. De Staatsrot ass a Kenntnis gesat ginn an huet säin Accord dozou ginn. Den Text, iwwert dee mer elo ofstëmmen, steet am Document parlementaire 7645¹⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7645 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration. D'Ofstëmmen fänkt un.

Ech bieden déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass de Projet de loi 7645 mat 35 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen a 17 Abstentiounen ugehall.

(Interruption)

21 Abstentiounen, pardon, jo.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gilles Baum), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Aly Kaes), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

11.7660 - Projet de loi portant modification : 1° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ; 2° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction d'une mesure temporaire relative à l'application de l'article 12 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain dans le cadre de la lutte contre le Covid-19

Mir kommen elo zum Projet de loi 7660 iwwert d'Verlängerung bis den 31. Dezember 2020 vu verschiddene Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Emile Eicher, den Här Claude Lamberty, den Här Marc Hansen, den Här Jeff Engelen, den Här Marc Baum, den Här Marc Goergen. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Biancalana.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

► **M. Dan Biancalana** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, jo den 23. Juli hu mer als Chamber zwee Gesetzter verlängert, déi eng Rëtsch temporaire Mesurë virgesinn, fir dass d'Gemengen an aner Organer och a Covidzäiten handlungsfäeg bleiwen a Reuniounen ofhale kënnen am Respekt vun de sanitäre Mesuren.